

Bd. N^o 37

Onro'ech Hierzer

Volléksstéck a 4 Akten mat Gesank
an ên Tableau

vum

WILLY DUMONT

Musék vum Gustav KAHNT.



Dem Kinéklech Gro'ssherzogleche
Männergesankverein «SANG & KLANG»
zo'erkannt.

All Rêchter virbehâlen.



Letzeburg 1920
Drock a Verlag vum P. Worré-Mertens
J. P. Worré, Nofolger.

PERSO'NEN :

Bass: Lôr, Schreinermeischer. }
Alt: Rosali, seng Frâ. } Noper.
Sopran: Rainy, hier Duochter. }
Mettel: Bèrend, Kreizermecher. }
Tenor: Franz, sei Jong. }
Tenor: René, Ébénist. } Duorfjongen.
Mettel: Fûss, Policeboud. }
Mocheli, e Kand.
Mettel: Kluof, e Fechttert.
E Gesankverein an Duorfleit.

Dékoratio'n :

I. II. IV. Akt: en Tableau, e Gart. — III. Akt: Zemmer.

Gesanknummern :

I. Akt.

- Lidd N^o 1. Rainy matt Kanner (Solo): Sche'n a frendlech
Muorgessenchen.
Lidd N^o 2. Gesankverein (Marsch): Onst Hémechsländ.
Lidd N^o 3. Rainy (Solo): O wat séngt d'Hierz e Lidd.
Lidd N^o 4. Rainy a Franz (Duo): Eng Blumm op der Héd.

II. Akt.

- Lidd N^o 5. Lôr (Solo): Ass dat ewèll am Haus eng Hèll.
Lidd N^o 6. Franz (Solo): Um Firmamènt do stin.
Lidd N^o 7. Rainy (Solo): Siéf ro'eg du Hossel.
Lidd N^o 8. Rosali (Solo): Dénkt un wat eng E'er.

III. Akt.

- Lidd N^o 9. Rainy (Solo): Meí Schrett soll mech net reien.
Lidd N^o 10. Kluof (Solo): Maija gèldir meng Fra onst Gre't.
Lidd N^o 11. Rainy, Franz (Duo): Regina! Regina! nu bass de
dach meint!
Lidd N^o 12. Cho'er: Are Ségen.
Lidd N^o 13. Tableau, Cho'er: Liéwensgléck.

IV. Akt.

- Lidd N^o 14. Rainy (Solo): D'Hierz hummert we' eng Tremmchen.
Lidd N^o 15. Rainy, René (Duo): Eso' eng Le'ft, dat ass zevill.
Lidd N^o 16. Rainy, Franz (Duo): Eng Stemm am Hierz de' rifft
mir emmer zo'.
Lidd N^o 17. Schlussko'er: We' onergrendlech si seng Piéd.



1. Akt.

(Vum Sall aus gesin stëllt d'Bühn lenks en Haus vir, virdrun e sche'nen Zirgärtchen, vu rechts no lenks eng Strôss de' matt Palissaden vum Gärtche getrennt ass, den Hannergrond ass d'Duorf mat an der Mett d'Kirech, beim Haus stët e Schiédheischen, an de Palissaden eng Dirchen fir op an zo' ze gon. D'Palissaden sin net me' we' 0,70 Centimeter he'ch).

1. Zén.

(Durch d'Strôs gi bestënnch Leid op an zo' matt Sto'sskaren, Hatten, Emeren, etc. Bei de Palissaden stët en Trapp Kanner ze kicken an ze lächen).

Rainy. — (Setzt am Schiédheischen e Bucki ze mâchen, 't he'ert d'Kanner kicken, mecht en e Fanger a sët). Da wart elo, dir Geräbel, wann ech kommen!

Mocheli. — Tatta Rainy!

Rainy. — A wat welt dann onse Mocheli?

Mocheli. — Tatta, mir komme gier bei dech spillen.

Rainy. — Dajè alt, da kommt; ower sche' brav bleiwen. (Sie mâchen d'Dirchen op a stürmen eran). Nun ower uocht gedôn an neischt vertreppelt.

Mocheli. — (Wichtig). Mir net Tatta, mir se sche' brav.

Margo. — Tatta Rainy!

Rainy. — (Dât sei Bucke' firdech huot, léd en op d'Seit). A wat welt dann ons Modi, d'Margo?

Margo. — (Schmêchelt). Tatta, sang ons nach e Liddchen wanechgelifft.

Rainy. — (Helt et op den Arm). A wurfir da meî Schéfchen?

Margo. — Ma da sange mir matt. (Helt dem Rainy sei Kapp an d'Hänn a kesst et).

Rainy. — Ja da misst ech jo bal du kleng Schmirpan. (Setzt et erof, d'Kanner klappen an d'Hänn a ruffen). A

Rainy. — (Séngt, d'Kanner huolen sech matt den Hänn, stëllen sech rondem et op a sangen a sprange rondem beim Hopela).

Lidd N^o 1.

Sche'n a frendlech Muorgessenchen,
Komm a lâch dem brave Kendchen,

Wann 't zu sengem gre'sste Spâss
Leschtech sengt a sprengt durch d'Gâss.
D'Kanner matt: Hopela hopela hopta hopta hop sa sa.

Le'we klenge kluge Füllchen
Schlo den Takt zu onsem Spillchen
Sang derbei eng wonnersche'n
Melodi vun Himmelste'n.

D'Kanner matt: Hopela, etc.

Kuckt we' wenken s'all zesummen
D'Gras an d'Bliéder an d'sche' Blumen.
Hêmlech eng zur an'rer sét:
„Wat de' Kennercher eng Fréd!“

D'Kanner matt: Hopela. etc.

Filleche, Blimmeche, Muorgessenchen
Kommt! Mir gin iéch àll e Mendchen,
Kommt! Ons sit dir net ze greng,
Wèll dir mâcht ons Gudderdeng.

D'Rainy sprengt matt: Hopela, etc.

Mocheli. — Nach Tatta, nach!

Rainy. — (Greift him an d'Täsch, ze't sein Nuoschnappech eraus
a botzt him d'Nuos). Nujé, elo ass et dëss ower genuch, nu
gitt och sche'n op d'Strôss spillen.

Mocheli. — (Käppesch). Nêh! (Firt nach engke'er mam Arm
enner der Nuos erdurch).

Rainy. — An têt! Du kwêsche Jong.

Mocheli. — (Léd sech matt den Hänn op de Buodem, den Henner
zu de Leit gedre't an treppelt fu Bo'secht matt de Fe'ss, en
huot de Lépp e we'nech erausstôn, d'Margo greift nom Lépp
an hêllt e fest, de Mocheli sprengt op a lêft fort, de Lépp
get emmer me' lânt so' datt d'Kanner all drupâcke kennen
an eso' joen se all dem Mocheli no op d'Strôss. Dat kann
e schmuolt Stéck Lengend sin, wat en sech un d'Bên uge-
bonnen huot a wat e puor Meter lânt zesumme gefalt an
der Box leit).

2. Zén.

Rosali. — (An enger gezankten Hauf, d'Bänn de Réck eran
hénken, stêt op der Dir nozekucken an ze lâchen iwer de
Kanner hir Spreng, 't huot e puor grèll geblumlechter Pan-
toflen an der Hand, an eng Kescht Zigaren enner dem Arem).
Ass dat ower emol e Spetzbo'f dé Mocheli. A wat hât en
sech nêss do an d'Box gefiddert, Rainy?

Rainy. — (Botzt d'Tre'nen of vum Lâchen). Dat ass ower emol
e verdre'te Schaus, Mamm.

- Rosali.** — Ma Kreitzermechesch Bèrend seng sen all eso. dén Alen ewe' durgedréckt.
- Rainy.** — (Weisst der Mamm de Bucke'.) Wat sèss de durzo' Mamm. ass dén net sche'u fir dem Papp ze wenschen?
- Rosali.** — (Hält him d'Pantoflen enner d'Nuos.) Da kuck emol de' hei, wat sès de dann durzo', de' hun ech him káf fir sein Dâg.
- Rainy.** — (Bekuckt se.) Ma so Mamm. sin de' net e weneg zevil jeitzech!
- Rosali.** — (Hieft se he'ch an dret se no alle Seiten.) De' do? Ma grad d'Patscheblummen. Dât dêt sein Hierz schnadden, als Mèdchen hât ech der emmer op mengen Hitt, an durun dènkt en nach hautt.
- Rainy.** — (Bedènklech.) Ech firchten ower Mam . . .
- Rosali.** — (Fèlt him an d'Riéd.) Trotz do, wat solls du firchten? Du wèss jo nach net we' ên e Mannskirel lêt an hêmelt. Ja wat ech sollt sôn, huos de d'Zeidong net eloremmer leien?
- Rainy.** — A wuorfir da, Mamm?
- Rosali.** — Da sich mer se. Dènk d'Iclewuorbéb, wo' ech d'Pantofle kauft hun, dat sot mer elo grad Kreitzermechesch Franz hêt matt grôsser Auszêchnong zu Pareis sein Diplom als Bildhaer kritt, et sténg an der Zeidong.
- Rainy.** — (Dat d'Zeidong font, rêcht hir se.) Hei ass se Mamm, ech hun se nach net gelièss.
- Rosali.** — (Hellt d'Zeidong hurtech a kuckt,) Dat kann ech jo net me' gesin, mei Brell, wo' ass en?
- Rainy.** — E wèrt am Bitzkuorf leien. (Sicht en an dêt hir en op.) So', elo kanns de kucken.
- Rosali.** — (Hält d'Zeidong weit ewèch a kuckt iwer de Brell.) Wo' stêt et dann, Rainy, ech kann et net fannen: (Sie huot se kuèscht.)
- Rainy.** — Ma dir musst se och rîcht huolen. (Dre't se zergutzt.)
- Rosali.** — (Geheit se ewèch.) 'T ass och scho gutt eso), d'Béb huot mer et jo gesot. Geseis de de Franz, wât ass dât ewèll en dichtege Jong!
- Rainy.** — (Nodènklèch.) De gudde Franz, soll hien seng Scho'l-komeroden allt nach kènnen?
- Rosali.** — Ma en ass mer geschter owend bege'nt an e wor enger Frenklechkêt voll, an dat e'scht, wat hie sot, wor: „A we' gét et dann dem Rainy?
- Rainy.** — (Erfrét.) Secher, Mamm?
- Rosali.** — (Hêmlech.) Sei Papp, de Bèrend, sot mer schon emmer an all senge Br'f de't en no der froen.
- Rainy.** — (Erfé'ert.) Mamm, wann ên dech de't he'eren. A wuorfir kent hien ons dann net emol besichen?
- Rosali.** — Ma de Jong hat nach keng Zeit. mir sin ower schon

fir den Owend op d'Iessen ageluoden, wat soss kê Mèdchen am ganzen Duorf ka sôn, gèlt.

Rainy. — Ma wat ass da lass?

Rosali. — Ma de Gesankverein, dén hie jo nach geholef huot grönnen, gèt him den Owend sangen, wèll hie sech eso' ausgezèchent huot, an derbei sot en nach, ech sollt net vergiessen dech matzebrenge, an dat ass vill gesot, mei Schof.

Rainy. — (Kuckt schei rondem sech.) Schwètz me' luos, Mamm, du solls neischt eso' sôn.

Rosali. — A wann dann ên et he'ert. (Dre't sech em a weisst iwer d'Scheller mam Fanger op d'Rainy.) An derbei lauschartert et ower no ewe' e Kuoder bei der Bâch.

Rainy. — Mei Gott, Mamm, du mechs ên nemme schimmech.

Rosali. — Ma ech hun nach neischt gesot, an ech sôn och neischt, mengetwégen.

Rainy. — Net emol denke solls de eso' èppes.

Rosali. — Dat wèr ower dach zevill. A wuru soll ech dann denken.

Rainy. Du dènks ze giren hart, an da mechs d'ê lächerlech.

Rosali. — Jo! A da mènks de deng Mamm dat wèr eng Klap?

Rainy. — A wo' dènks de hin, nemme versprièch mer net doriwer ze schwätzen.

Rosali. — Dat de't nach grad félen. Ech hun de Mettech dem Béb, der Klap de Mond scho voll gin, wèll 't sot dat greislecht Deppen: „Da wèr dir elo geschwen Hochzeit mâchen, wèll de Franz erem ass! Dènk der emol un, wat en Uleies: „Ma dat verstêt sech“, hun ech em du geèntwert, greng a giél ass et du gin vun Abgascht, de' garzech Pell. 'T mènkt secher dé Fûss vu Policebuod, dén et do huot, krit dech. Kuetschen och. Gèlt wanns de mech nun net häss?

Rainy. — (Schle't d'Hänn um Kapp zesummen.) Mei Le'wecher, muss nun d'ganz Duorf dat scho wessen?

Rosali. — Ech wèss wât ech mâchen, an dé mir ze no kent, dé kritt de Moress gestèppelt, de' Neischterten, so ech hätt der dat gesot. (Kuckt op d'Ströss wo' de Lôr matt Handwiérksgeschirr op d'Haus zo' kent.) Nu stel, hei kent de Papp, huol hurtech de Bucke' fir ze wenschen.

3. Zén.

Lôr. — (Kent bei d'Schiédheischen.) A do si jo ons Kanner.

Rainy. — (Gèt him mam Bucke' entge'nt.) Papp ech wenschen der vill Gléck fir dein Namensdag, derbei e lânt Liéwen an eng gutt Gesondhêt. (Kestt en.)

Lôr. — Merci Rainy, merci mei Kand.

Rosali. — Ma du bass meng Mod, dei Sproch ass knapp genoch

(Récht dem Lôr d'Pantoflen)

An ech, du mei Bëschten, sin och net dat Lëscht,
Vun allem do kriss de vu mir blo'ss dat Bëscht.
Pantöfelcher, Peischtro'se ble'en der drop,
Gelêf mir, du gëss der doran we' eng Popp.
Sie drécken net vill, an du spîrs och keng Stëng.
A Kre'enân zills de dir doran och keng.
Nun hei mei Jong, a moss se un.
Ech mân der och nach Schläpper drun.

(Emärmt a kesst en).

Lôr. — (Ergraff). Merci Rosali, dir mengt et zevill gutt mam Papp.

Rosali. — (Stolz). An hei huos de och nach eng gutt Zigar.

Lôr. — (Helt se). Dat ass jo zevill Gutthêt, Rosali.

Rosali. — An elo setzt dech an donk d'Pantofle gleich un, an
dêr Zeit gin ech nach eng Flësch Wein sichen, an da feiere
mer dein Namensdag emol gemütlech, derno gi mer dann
op d'Iësse bei de Bërend. (Of).

Lôr. — (Betruocht d'Pantoflen). Och du jemmen! A wat huot
deng Mamm mer dann do fir eng Tapisserei kaft.

Rainy. — Gëlt, ech sot jo, sie de'ten der net gefalen.

Lôr. — Wann ech dermatt durch d'Duorf spaze'ere ge'ng, da
le'wen d'Kâtzen an d'Honn mer jo no.

Rainy. — Ja, wat ass ze mâchen, sêt ên èppes, dann ass et och
net geroden.

Lôr. — Löss se nemme, Rainy, emol kucken wat sech dermatt
mâche le'sst.

4. Zén.

Rosali — (Kent mat enger Flësch Wein). So' mei Jong. (Schênkt
eraus). Nu löss der et och gutt schmâchen op dein Namens-
dag Huos de dann deng Pantöfelcher schon ugemôsst?

Lôr. — Nach net Rosali, 't dêt engem wirklech bal ze léd fir
se schmotzeg ze mâchen. (Iwer d'Strôss komme Jongen a
Médercher, Arm an Arm, vu réchts no lenks).

Rosali. — Hei elei, Rainy, a wuor gin de' Leit?

Rainy. — Ma du wëss jo datt de Gesankverein den Owend sange
gêt an 't ass scho spe't.

Rosali. — A wat lafen de' Fraleit da schon dem Franz zu
gefallen eloeremmer? De' hun dach neischt beim Gesang-
verein verluer.

Rainy. — Ma löss se dach, Mamm, doremmer huos du dech jo
net ze bekemmeren.

Lôr. — Rosali, du solls net eso'vill doriwer babbelen.

Rosali. — An 't kritt ower kënt en, dat sôn ech der, d'Rainy

kritt en, a kên Anert, a wann ech och muss de Mond halen.
(Be'ss of).

Rainy. — Papp, ech gin den Owend net matt op d'Iessen.

Lôr. — A wuorfir dann?

Rainy. — Och, du he'ers jo datt d'Mamm de Mond net kann halen, a secher me'ch sie ên nemme schimech.

Lôr. — 't ass e Kreïz, deng Mamm.

5. Zén.

Bèrend. — (Kent ho'fëstlech geklêd vun der Strôss an de Gard).
Osaperklèng nach emôl Lôr. Du liefs jo ewe' en Hër.

Rainy. — Ma Mëschter Bèrend, 't ass jo haut dem Papp sein
Namensdag

Bèrend. — Da well ech der gratule'ere Lôr, vill Gléck, mei
Jong. (Dreckt em d'Handt).

Lôr. — Merci, Bèrend.

Rainy. — De Mëschter Bèrend drénkt secher och e Pättche matt?

Bèrend. — Vill Zeit hun ech wuol net, ower op dengem Papp
an op deng Gesondhêt Rainy, drénken ech emmer gieren e
Pättche matt.

Rainy. — Gutt, da gin ech e Glas sichen. (Of. 'T passe'eren erem
Leitt. D'Rosali kent lüssen wien do ass).

6. Zén.

Rosali. — A wat soe mer dann, Bèrend?

Bèrend. — (Dén dem Rainy nogekuckt, we' et ofgo'ng). Rosali,
du huos e Kand do, ech de't wellen, onse Franz an hatt
ge'wen eng Koppel, wat mengs du, Lôr?

Lôr. — Dat wäre keng Deiwele geflucht. Wat sêss du Rosali?

Rosali. — Ech muss jo de Mond halen. (Frendlech zum Bèrend).
Gëlt, Bèrend, ech sot et jo nach emmer, 't ge'f dat feinste
Pirchen weit a brêt.

Bèrend. — Ech sin eigentlech komm, well de Franz eso' stârk
drop hëllet, datt der net sollt vergiessen ze kommen, an
d'Rainy iéwer matbrenge.

Rosali. — Ma dat verstët sech, 't kent och giere matt well....

Lôr. — (Kritt den Ho'scht). Nu schlo der Jommer iéwer dran.
(En dre't dem Rosali de Réck).

7. Zén.

Rainy. -- (Matt engem Glas). Sot Mëschter Bèrend, nu lösst
ech et schmâchen. (Schénkt eraus).

Lôr. — Ja Gesondhêt Bèrend an op d'Wuol vum Franz.

Bèrend. — Op dein Namensdag an um Rainy sei Wuol. (Drénckt dem Rainy zo').

8. Zén.

(T kommen emmer me' Leit durch d'Strôss, da kennt de Gasankverein, fir de Fuondel, de President matt engem Bucke').

Bèrend. — (Wescht eng Tre'n of). Hätt ên dat ower nach geduocht z'erliewen.

Lôr. — Ja, ja. Du kanns stolz sin datt de Franz sech eso' eropgeschafft huot an d'ganzt Duorf matt.

Bèrend. — Ja da muss ech goen, da kommt der ower? (Of).

Rosali. — Fiercht net Bèrend, gëlt Rainy. Da lôss mech alt d'Gezei an d'Rei mâchen. (Of).

Lôr. — We' ass et da Rainy, gëss de dann nu matt?

Rainy. — Papp, lôsst mech hei, ech well net hun, datt de Jong sollt mengen ech de't mech him un den Hals hènken.

Lôr. — En huot sei Papp ower nach extra geschéckt ons ruffen.

Rainy. — Wann hie mech wellt siche Papp, da fent e mech hei, a matt der Mamm gin ech da gur net.

Lôr. — Bedenk ower, dat mecht be'ss Blutt.

Rainy. — Papp, wie sét ons, datt de Franz nach ass we' e wor, Wuorfir ass hien nach net komm mer „Bonjour“ soen.

Lôr. — Recht huos de domatt, nemme bedenk de Franz ass eng gutt Parti.

Rainy. — Wann de Franz mech an E'ere sicht, da wëss hie jo wo' d'Rainy ze sichen an ze fannen ass, an ass hien nach de feine Jong dén hie wor, dann hellt hie mer mein Ewéchbleiwen net iwel of.

Lôr. — Dat ass brav geduocht, Kand. Ech well elo nach d'Zeidong liésen an e Pätchen drénken, an dèr Banns get et eso' luos Zeit fir ons an d'Rei ze sèzen.

Rainy. — Gutt, da lôss dech net ste'ere, Papp. (Of).

Lôr. — (Eleng). 'T ass ower emmer eng Deiwleri am Gâng, wann dat allt kê Verdross mecht. (Mecht sech et an engem Fotèll kamo't, hellt d'Zeidong, dêt de Brell op, dann heneren d'Pantoflen hien). Ass dat nun ower e Modèll vu Pantoflen. ech kent Long a Liéwer erem gin, wann ech se nemme bekucken. (E liést).

9. Zén.

De Kluof. — (Kent durch d'Strôss, bleibt bei de Palissade stoen, e schle't dat ênt Bén iwer d'Palissaden, en huot un dém

Schong d'Ze'wen dichteg eraushenken a bewégt se emmer). Kernondiflétsch, wat get et dach Barongen op der Wélt. De' eng hun d'Fe'ss, an de' aner d'Pantofle fir dran.

Lôr. — (Wölt sech et kamo't mâchen, mè d'Pantoflen henneren). Net elèng datt de' Schelter engem d'Liewe verbatteren, hennere se ên och nach. (Stéllt e Stull bei d'Palissaden a stéllt se drop). Do, dann hun ech se emol aus den A'n. (Setzt sech erem a liésst).

Kluof. — An elo stin se mir an den Aen, wurfir hun och eng Leit all Gléck an de' aner nemmen d'Plätz derfir.

Lôr. — (Geseit en enner der Zeidong erdureh). A de Kluof, a wat mecht hien dann do, e wärt mer dach dé Gefalen net mâchen an d'Pantoflen stiélen. (Mecht we' wann en de't liésen, kuckt ower enner der Zeidong him no).

Kluof. — 't schéngt 't leit dem Lôr emol neischt drun, wann ech him se de't huolen. (E lâcht de Pantoflen). 't äss jo Schuod datt eso' Dénger net profite'ert gin. (Probe'ert fir se ze huolen).

Lôr: — Menger Se'l, e petzt mer de' Schelter, abbé Kluof, du verdengs der do e Bildchen. Barmhierzegkêt brengt kê Léd. (Lâcht).

Kluof. — (Helt d'Pantoflen). Eigentlech mïsst hie mer nach en Drenkgèld gin fir meng Me'. Da kommt dir le'f Dickelcher. (E spréngt hurteg fort).

10. Zén.

Rosali. — An der Fenster). Hellef! Hellef! Lôr, De'f, laf hurteg! (Of).

Lôr. — (Spréngt op). Hei, kê, kê! Wat get. (Lâcht). Kuck den arme Schèlem, we' lêft en an enger Angscht. Du huos deske'er d'Rechnong o'ni mei le'ft Re'sche gemâch.

Rosali. — (Kent halef ugedon matt engem Bleil aus dem Haus geschoss). Hellef! De'f!

Lôr. — A wat get da Rosali?

Rosali. — Komm hurteg, hei huol de Biësem a mir no. (Et lêft datt d'Lèppe fle'en, d'Strôss an).

Lôr. — Kuckt eng Weil d'Strôss an, helt de Biësem). A wat get elo aus menger Barmhierzegkêt. Mei le'we Kluof, mir hu kê Gléck, allen zwe'n. (Of).

11. Zén.

Rainy. — (Kent eran, setzt sech dur an arbecht. 'T he'ert é Gesank vu féren).

Lidd Nr. 2.

Ons sche' Bierger mat de Burgen,
Sie verziele vun der Rass,
De' durch d'Arbecht, d'Léd an d'Surgen
Aus der Armut sech gerass:
Wieseflo'er, Echenhècken,
Strösse, Pied derdurch gemâch:
Do leien d'Dierfer, d'Flècken,
We' d'frescht Lèngend am Gefâch.

Refrain: Jo, kommt kucke, we' s'et mâchen;
Fest zur Kro'n an trei der Scholl,
De' fir Glav a Freihêt wâchen,
Hun ons Le'ft vertrauensvoll;
De'f stêt sie am Hierz geschriewen,
D'hiéft e Krêsch sech aus all Monn:
„Letzeburger si mir bliewen,
Trei zum Tro'n an deser Stonn!“

D'Fless an d'Bâchen nieren d'Wiesen,
Mèchteg Bescher an e Bann,
Wo' de Bauer iech bewiessen,
Datt hie stèllt sei ganze Mann;
D'Musel, d'Sauer, d'Uolzechtdäler,
Bringen d'Uobst a gudde Wein;
Gleiche Strôss! keng gro'ss Gefäller,
Ginn dem Handel Wach a Schein.

Refrain: Jo kommt kucke, a. s. w.

Bierger stieche voller Minètt,
Menschegêsch ass ste'deg drun,
Mecht ons Eisen, brecht ons d'Kinètt
Durch de Bierg fir d'Eisebunn;
Iwer d'Däller præchteg Brécken,
D'Konscht fent sche'ne Widerhall,
A fir d'Gêschter fresch z'erkuécken:
Marie-Blumme-Möllerdall.

Refrain: Jo kommt kucke, a. s. w.

Solle mir nach me' beweisen,
Datt nach Sâft a Krâft am Land,
Da ruft d'Männer ennert d'Eisen,
Hei ass d'Hierz an d'krâfteg Hand:
Fir ons Grenzen ze bewâchen,
Ze't schon d'Freihêt ons op d'Schwèll,
Dén aus ons welt Sklave mâchen,
Me, ch sech aus dem Land eng Hèll.

Refrain: Jo kommt kucke, a. s. w.,

Rainy. — (Frédeg.) Entlech, èntlech ass de gudde Jong erem do,
we' hun ech dén Dag dach erbei gewenscht. Soli e kommen,
soll en nach un d'Rainy denken ewe' hatt un hien, no allem

wat ech he'eren schéngt et bal eso', ower wurfir wor en nach net hei? E mengt dach net, ech misst firt'escht bei hie kommen. Jé fort matt eso' Gedanken. ('T deklame'ert de Refrain vir, a séngt dann.)

Lidd. Nr. 3.

Fun Hierzer de' schloen
Ganz no beienên,
Trei schwieren a soen:
„Nên dech oder kên!

Refrain: O wat séngt
D'Hierz e Lidd
An et schéngt
't get net midd.

Eng le'w op de Mendchen
A, „Regin gef meînt!
O gळेकेलेच Stendchen
„Jo Franz et ass deînt!

Refrain: O wat séngt etc.

12. Zên.

René. — (Kent an enger Eil vu rechts no lenks, wann en d'Rainy geseit bleift stôn.) Hei! Hei Rainy. Du gëss net lauschteren?

Rainy. — Ech, a wurfir?

René. Ma d'ganzt Duorf ass jo dohin.

Rainy. — Ech muss d'Haus versuorgen.

René. — (Zum Rainy.) Duerf ên bis bei dech an dein Hëllegtom kommen?

Rainy. (Kuckt rondem sech.) Mengetwégen.

René. — (Kent erbei.) Rainy, ech hun der éppes wichtiges ze sôn

Rainy. — (Mat luosem Spott.) We' feierlech, René!

René. — (Eescht.) Löss mer verstänneg bleiwen. ('T he'ert ên en Hoch sangen.)

Rainy. — (Lâcht.) He'er René, we' leschteg sin se den Owend, wat sêss de nu vum Franz?

René. — Wat soll ech sôn? Ech fannen dat s'et e we'neg iwer-dreiwen.

Rainy. — Mengs de, ech fannen net. De Franz hnot sech dichteg eropgeschafft.

René. — An dat stecht iech an d'Aen, gëlt Rainy?

Rainy. — O hei de René, we' jalo'ss. A wo'mat hât ên dat verdéngt?

René. — Verzei mer, ech hât et op de' aner gemênkt.

Rainy. — A mecht gemênkt ze trëffen.

- René.** — Am Iweldrun get ên alt emol ongerècht, Rainy, wo' kann ech dir dann e Virwurf maen. du bass jo secher dat ênzegt wat net do ass fir dem Franz sei Stolz nach me' ze steppelen.
- Rainy.** — De Franz ka stolz sin, dat muss de sèlwer soen.
- René.** — (Nerve's.) De Franz an emmer de Franz, kênen anere Jong huot me' Wiert am Duorf, zenter datt dèn erem ass. So'gur du bass Feier a Flam fir hien.
- Rainy.** — (Spettesch.) Gèlt emol, René, du sichs dach mech ze treffen?
- René.** — Grad bei dir Rainy hat ech et am mansten erward.
- Rainy.** — (Stolz) Bei mir?
- René.** — Ja bei dir, dat emer eso le'w ge'nt mech wor.
- Rainy.** — Du wors mer allzeit e le'we Scho'lkommerod, René.
- René.** — Net me'!
- Rainy.** — (Be'ss.) Jé, jé, du bass net gutt opgeluogt.
- René.** — Du vergess mer ze èntwerten.
- Rainy.** — (Sicht auszeweichen.) Du dèss mech nemme lâchen a pénges mech mat èppes wat mir onbegreiflich ass.
- René.** — Net begreiflich, soll dat wo'er sin?
- Rainy.** — Jé, René, lôss mer gutt Fren bliwen we' mer emmer woren.
- René.** — (Fir sech.) Soll ech mech dach geirt hun. Nujé, lôss mer de Fren alt nach behalen, besser d'Mesch am Grapp ewe' d'Dauf um Dâch. (Zum Rainy.) Gutt. (Récht him d'Hand. Dajé Rainy, lôss mer gutt Fren bliwen.
- Rainy.** — (Dréckt him d'Hand.) An net me' eso' granzeg, mei Jong, gèldu?
- René.** — 'T wor net schlecht gemènkt. Dajé bis eng aner Ke'er, ech soll nach helefe sangen. (Nodènklech of.)

13. Zén.

- De Fûss.** — (Ko'm durch d'Strôss a geso'ch nach we' d'Rainy dem René d'Hand gedréckt huot a we' de René nodènklech of-go'ng.) Bonjour, Rainy!
- Rainy.** — (Iergerlech.) Mei Gott, dé fade Gèck. (Zum Fûss.) Guden Owend, Fûss!
- Fûss.** — (Steipt sech op d'Palissaden an dre't de Schnorres.) A wat soe mer dann, Rainy? Gèss de dann net lauschteren wann s'em Franz sangen?
- Rainy.** — Hei de Fûss! Ma du kens och emmer wann d'Mess aus ass.
- Fûss.** — (Lâcht spettesch.) Ech hat ower de gudde Welle fir ze goen, ower den Dengscht gét fir.
- Rainy.** — Ma bei anere Leiden och.

Füss. — Ma ech gesin ower eng Joffer, an 't ass secher de' ênzeg am ganzen Duorf de' secher Zeit hätt an iewer net gët.

Rainy. — Wann ech hätt kenne goen

Füss. — (Fëllt him an d'Ried.) Oder hätt welle goen.

Rainy. — Ech kont net, Hërchen.

Füss. — (Spettesch.) Ech wollt net, an dach wenschte ech.

Rainy. — Dén alles mecht, wat hie giere me'ch, dén ass . . .

Füss. — (Fëllt him an d'Ried, spettesch.) En onvirsichtegen Dabo, gëlt Rainy.

Rainy. — (Kickelt a lächt.) A wurfir, wann ê froen dierf?

Füss. — Wëll mer gieren allen Hëren déngen.

Rainy. — So', so',! An zenter we'ni.

Füss. — Du muss dach bal iwer de' gro'ss Wiél de's de ewëll huos, erschrecken.

Rainy. — (Lächt spettesch.) A wo' kéfs du deng Breller, dass du eso' Sâchen derdurch geseis. Du wärs de' Gliéser an engem Panorama gefescht hun, wells de mer se net le'nen? Et wär secher entressant.

Füss. -- Ja, ja. A wat ech nach gesin, dat ass e sche'nt Kand wat mat Hierzer Balleg spillt.

Rainy. — Ech sot jo e ganze Panorama. Mat Hierzer Balleg spillt, sés de?

Füss. — An ech gesin datt ên nom anere him entwetscht, an trotz aller Geschécklechkêt behält et am Enn emol kên iwereg.

Rainy. — An de' Ballecher vun Hierzer de' dat gesin, si secher neideg, datt se net emol mat an de Kréz komme fir matze'fle'en.

Füss. — (Be'ss fir sech.) Kâtz de's de bass. (Zum Rainy schmêchelech.) Nujé, Rainy. Wie sollt och dat net wenschen. Wat ech wollt soen, wat sés de da vum Franz?

Rainy. — Wat soll ech soen.

Füss. — En dichtege Borscht, we' huot hien der da gefall.

Rainy. — Ech hât d'E'er nach net fir en ze gesin.

Füss. — So'! so'! Ma da sief fro'h, ewëll e verdre't alle Fraleit d'Käpp am Handemwënes.

Rainy. — (Stolz.) Ohô! 'T kent ên et emol drop ukomme lössen.

Füss. — Ja, dat verstët hien ewe' kên zwëten, an dén Tuppi dén e sech doropper get. Nujé, 't ass him neischt ze verdénken wann ên eso' verhimmelt get.

Rainy. — Dé sech welt dofir hirgin.

Füss. — Ja 't sen der ower me' vill ewe' we'neg, an du kanns nu vu mir dënke wats de wels, ech muss et soen, du bass nach dat ênzegt am Duorf wat nach Karakter huot.

Rainy. — Net fir Complimenten ze kre'en man ech wat sech schéckt.

Füss. — Jiddenfalls huos de da kê Bildehe beim Franz verdängt, derdurch dass du en net matt verhimmelt huos den Owend.

Rainy. — Dén durop wart bei mir

Füss. — (Féllt him an d'Ried.) Wart vergiewens bei dir, an emgedre't beim Franz. Ede' Rainy, den Déngecht riffit. (Gê't mat enger spettescher Lâch of.)

Rainy. — Wat sêt en, „An emgedre't beim Franz!“ De Franz wêss wo' ech ze fanne sin, wann net, nujé, engem Peiperlénk mân ech keng Gêsten. Schon zwe'n Dég hei a sech nach net gewisen, derbei iewer Zeit font aneren ze schwätzen an d'Kâpp ze verdre'en. Gutt, wat leit och drun.

14. Zén.

Lôr. — (Kent iwer d'Strôss mat de Pantoflen enner dem Aarm.)
Do hât ech ower gemênkt ech wâr hinne glécklech lass.

Rainy. — A we' ass dat Papp, ech duocht dir wârt scho lâng op d'Iéssen.

Lôr. — Ma jemmen a gewess, ech wârt wuol elo misse meng sche'nt Zeit mat déne Pantoflen erembrenge.

Rainy. — Hâtt d'Mamm dech da mat hinne spaze'ere geschéckt?

Lôr. — Dat ass mir en artlecht Geschênk. Ma dênk 't hât jo eso' e Fêchtert mer se gestibitzt.

Rainy. — An do huos de dech halef do't gelâf fir se erem ze kre'en.

Lôr. — Mei Gott, ech hêtt e lafe gelôss, ower deng Mamm ko'm dem ârmen Deiwel an d'Kuîr an en huot se zo' mengem Ongleek missen am Stech lôssen. (Sêtt se erem op de Stull.)

15. Zén.

Rosali. — A do bass de Lôr, ech wor dém Neischttert nach nogerrant, ower e wor mer ze fléck, huos du en net kant?

Lôr. — A wo' soll ech.

Rosali. — Wo' kont dé Struppes ower un de' Pantofle kommen?

Lôr. — Ma sî hun mech gehennert an du hât ech se elur op de Stull gesat, an iwerdém datt ech d'Zeidong geliés, huot hie se gebotzt, an op a fort dermatt.

Rosali. — Da gef mir se hier. datt net nach ên se helt, ewêll ech kann net emmer hei sin, an elo hêscht et firugemâch, 't get Zeit fir op d'Iéssen. Da kommt donkt iech un. (of.)

Lôr. — Rainy, wês de net we' ên déne Pantofle glécklech lass get, ower o'ni datt se nach engke'er bannent meng Dir ke'men.

Rainy. — Bass de hinnen da wirklech eso' midd?

Lôr. — (Verdresslech.) O mâch nemmen datt ech se net me' ze

gesi kre'en, d'ganzt Duorf me'ch jo de Spott an de Gëck mat mer, wann ech mech dermat de't weisen.

Rainy. — Da lôss mech gewërden. Ech well mat der Mamm schwätzen, datt sie se an d'Lotteri sëtzt vum Gesankverein, scho wëll se de Franz eso' e'eren kanns de secher sin datt se net nèn sét.

Lôr. — Mèngs de?

Rainy. — Fir dem Franz eng Fréd ze mâchen, Papp, do ass hier neischt zevill.

Lôr. — Dat ass me'glech, Rainy.

Rainy. — Ge' du ro'eg op d'lëssen, a lôss der d'Fréd net verdierwen dodurch, 't ass eso' gutt ewe' wann et geschitt wär.

Lôr. — Dajé Rainy, da gin ech mech undongen, datt ech mat der Mamm fortkommen. (of.)

Rainy. (Lâcht.) Aarme Papp, deî Lêd as nach kleng a geschwe gede't. (Durch d'Strôss kent de Gesangverein vu lenks no rechts a séngt. de President kent no mam Franz. sie drécken sech d'Hand, de Prèsidant gêt of, de Franz kuckt en Amènt hinnen no, da geseit en d'Rainy.)

16. Zén.

De Franz. — (Kent bis bei d'Palissaden.) Bonjour Rainy!

Rainy. — (Erfe'ert, wëll et huot de Franz net gesin.) O de Franz, Bonjour.

Franz. — (Spréngt mat engem Sâtz iwer d'Palissaden.) Ech dierf jo, Rainy?

Rainy. — Ob de' Mane'er muss ech bal jo so'n.

Franz. — (Kent bis bei et a get him d'Hand) We' gêt et da mein Engel?

Rainy. — Ech danke fir d'Nofro, a mat dir?

Franz. — We'ss de geseïss, Rainy, we' bass de eso' sche'n an eso' le'f gin. (Welt et emârmén a kessen.)

Rainy. (Wiert of.) Franz!

Franz. — A wurfir dat?

Rainy. — Ech se kê Kand me'.

Franz. — Ma nach honnertmol me' le'w ewe' als Kand, Rainy, jé eng kleng fir de Wellkomm. (Welt et kessen.)

Rainy. — (Wiert én of.) Peiperlenk!

Franz. — (Verwonnert.) Peiperlenk? (Lâcht a séngt.)

Lidd Nr. 4.

Eng Blumm op der Héd
Den Dronk mer versét.
Wuorfir?

Rainy — Duorfir!
 Mein Hîertz get keng Wéd
 Dem Lichtfank zur Fréd.

Franz — D'gudd Ménong de' kränks de
 O Regin war denks de
 Wuorfir?

Rainy — Duorfir!
 Wels du mir d'Urze schênken,
 D'brav Le'ft nach domat kränke?
 Ech dierf 'moll ner drun denken.

Franz — Ech sollt der d'Urze schênken,
 Dech le'w gutt Se'lche kränken?
 Wo' kanns de durun denken.

Rainy — jé, jé, wat dommt Gemech.

Franz — Regina he'er mech.
 Ech konnt net e'scht,
 Siéf net so' we'scht.
 Jé, lôss mech net verschmuochten

Rainy — Ge' le'er d'Médecher uochten

Franz — (Stolz, sie gin luos ausernên.)
 Du bass dat e'scht
 Wat mir dat sét.

Rainy — (Stolz.)
 Ere'scht, ere'scht?
 Dat mecht mer Fréd.

(Zesummen widerhuolen se dat lèscht, jiderênt mat senge Wieder-
 der.)

Rido. (Sênkt sech luos iwer dem Duo.)



II. Akt.

(Decor ewe' am e'schten Akt, 't ass zwe' Me'nt spe'der)

- Rosali.** — (D'Rosali an d'Rainy setzen um Desch am Schiédheischen, d'Rosali ne't, d'Rainy liést d'Zeidong) So emol Rainy, ass d'Lescht nach net eraus vun den Numeroen de' beim Gesankverein an der Lotteri gewon hun?
- Rainy.** — Ma dach Mamm, hei stét se. A wuorfir entresse'ert dat dech dann?
- Rosali.** — Ma durfir.
- Rainy.** — Mir hun jo keng Nummeroen, du wéss jo de Papp wollt jo net hun, datt mir der sollten huolen.
- Rosali.** — Da kuck emol hei. (Ze't der aus der Täsch.) Sin dat do kèng, du topegt Kand do?
- Rainy.** — Dann huos du der iewer missen huolen.
- Rosali.** — A wuorfir dann net. Du wéss dem Franz zo' le'w, e ko'm bei mech an du sot en: „Mêschtesch, dir huot de' sche' Pantoflen an ons Lotteri geschénkt, nu mîsst der ower och bal e puor Nummeroen huolen“, an du sot ech, „da ge'f mer allt eng Dozen!“
- Rainy.** — Lôss emol kucken. (Kuckt an d'Zeidong, dann op d'Nummeren.) Hei! hei! Nummer 13 huot jo gewon.
- Rosali.** — (Rosali spréngt op.) Geseis de! Geseis de, wann der mech nun net gehat hätt.
- Rainy.** — 'T ass ower eng Ongléckszuol.
- Rosali.** — Wo'mat ech ower Gléck hât, gèlt.
- Rainy.** — Mèngs de Mamm?
- Rosali.** — Ech wèttén nawèll ech hun dé sche'nen Iésszerviss gewon, du wéss, dén de' sche'n Tèlleren huot mat déne gro'sse Patscheblummen drop.
- Rainy.** — (Fir sech.) Wann et allt keng aner gro'ss Patscheblumme sin, mat der Ongléckszuol, d'entdo'nt mech eppes. (Zum Rosali.) Mamm ech mengen ech muss nach nom Feier kucken, datt dat ons net ausgèt. (of.)
- Rosali.** — Wat mer iéwer am mêschten all sche' Fréde ste'ert, dat ass dat dommt Gemotz vun dénen zwê. De Franz an d'Rainy sin ewe' d'Kâtz an den Hond zesummen.

2. Zén.

Lôr. — (Kent aus der Hausdir.) A wat kno'ters de eso' fir dech eleng, Rosali?

Rosali. — Och, datt de' Sâch mat dene jonge Kanner kê Wach wellt kre'en, dat iergert mech eso'. Wat sêss du derzo'.

Lôr. — Wat soll ech mengen?

Rosali. — (Stronzeg.) Ja, gèlt, maija du dênks am le'fsten net vill.

Lôr. — Ma Rosali!

Rosali. — Eso' sin se, de' Flantessen, gutt iessen an drénken a femmen, an da vu Fréd sech gewênzelt ewe' e Giss.

Lôr. — A wat dênks de?

Rosali. — Maija, gèlt, ech dênken èppes an dat kent dech dann nach wonnerlech vir. Ma geseis de dann net, wann dat eso' viru gêt, da kommen de' zwê sei Liéwen net zu de Leiden

Lôr. — Ma lôss se dach, jong Kanner spille gir mattenên.

Rosali. — Aartlecht Gespills, dat do.

Lôr. — Ma dann dênk un ons Zeît, hu mir et net eso' gemâch?

Rosali. — So'! So'! Kanns du dech èppes eso' erenneren? Wâr et nach haut ewe' démols, da wârs de net eso' granzech. An ênt sôn ech der, a verhal dat gutt. Wa mir net mâchen datt de' zwê zesumme kommen, da'get sei liéwen neischt aus der Sâch.

Lôr. — Klâpereien!

Rosali. — A so'! Dann dank dem Hèrrgott nemmen op de blo'se Kne'en, dass du eso' eng besuorgt Klâp huos, wêll wann ech allt nêss deske'er net erem gesuorgt hätt fir Lotterinumneren, dann hêss de eng al Hondsfott gewon, aplâtz dat sche'nst wat dra stêt.

Lôr. — Du huos iéwer nêss keng Ro' bis de' Schelter vu Pantoflen erem am Haus sin.

Rosali. — Do hu mer et jo, elo kritt ên nach Grobhête gemâch fir seng Guddhêt, an ech wollt iech dach nemmen hêmlech eng Fréd mâchen.

Lôr. — Fréd? E ganze Ko'pp, mêngt ech. O wat mechs du mer Fréd ewêll eng Zeitchen, ech wêss net wo' ech et nach kann aushalen.

Rosali. — Do hu mer et jo, 'lo get en och nach frêch an afrontert ewe' eso' e Mîtock, iéwer verhal, ech lôsse mech net dra ste'eren. (Of op d'Strôss.)

Lôr. — We' soll ên et nu mâchen fir eso' engem Framensch et gerêcht ze mâchen. (È sêngt.)

Lidd. Nr. 5.

Ass dat ewêll
Am Haus eng Hêll,

Wo' ên och gêt,
A wo' ê stêt;
„Du det du dat!
Ech frô, „Fir wat?

Refrain: O ja
Kracka,
A wär et geroden, gesoden,
Am Botter gebroden,
Eng Fra
Comça
Kermatenggenoden
'T ass neischt ze geroden.
Sét ên 'mol, „Nên“!

Du mâch der Bën;
A sét ên „Dach!
Sich iéwer d'Lach.
A sét ên neischt,
Mân s'iéwer Feischt.

Refrain: O ja
Kracka etc.

3. Zén.

Rainy. — (Aus dem Haus.) Hei, a wo' ass d'Mamm hin, Papp?

Lôr. — O wuor soll se sin?

Rainy. — Ma ass se dann am Haus?

Lôr. — O si wärt a Kreizermechesch sin.

Rainy. — A wat mecht se dann nês do?

Lôr. — Ma si huot jo ewèl e Stull do.

Rainy. — Mei Gott, sie mecht ên nemme verdresslech, wat mus-
sen de' Leit dach vun ons dênken?

Lôr. — An d'Graf brengt s'ên nach mat dém Geklâps.

Rainy. — (Hêmlech.) Papp sief net verdresslech, ech ka jo net
derfir.

Lôr. — A wien dann?

Rainy. — (Möffert.) Soll ech mech dann firun hien op d'Kne'e
werfen, him nolafen.

Lôr. — Dat net, ower du brauchts net eso' kâtzech ze sin.

Rainy. — (Be'ss.) Ma da soll hien de Spott net eso' mat engem
dreiwen.

Lôr. — Gutt, da surgt nemmen dat dei Papp mat Zeît enner den
Erdbuoden kent, mat èren Troztkäpp. (of.)

Rainy. — (Traureg, setzt sech an arbecht) 'T soll ê soen. Ma
kann ech dann derfir? Hien ass e Peiperlenk an e bleift ên
An der Strôss kann hie lanscht kê Médche goen o'ni ma
nim ze zênken a wat him am méschte lâcht, dat ass d'Gölle

guodsköndchen, an dat kann och ower net, dat brengen ech net
iwer mech, an durfir mecht de Papp an d'Mamm mir eso' sauer
Gesichter.

4. Zén.

De Franz. — (Kent iwer d'Ströss a bleift bei de Palissade sto'n.)
A wat soe mer da, Rainy?

Rainy. — (Erfe'ert.) We huos de mech elo erfe'ere gedoen.

Franz. — A wurfir da mein Engel?

Rainy. — Ech hat dech elo net erward.

Franz. — (Lächt.) A wien dann?

Rainy. — Wié soll ech dann erwarden?

Franz. — Ma dé Glócklechen déms de dein Hierz geschénkt.

Rainy. — Dén huot nach ze kommen.

Franz. — Ma d'Freiere werten dir dach net félen?

Rainy. — Wann ên all Stên, dên engem geng an d'Wé kommen,
op de't rafen.

Franz. — A wié soll dann dé Glóckleche sin, déns du emol opréfs.

Rainy. — Ma dên net probe'ert kann och ni gesin dat ech mech
bécken fir en opzerafen.

Franz. — Ja, wien iech Fraleit an d'Hierz kent kucken.

Rainy. — Ja, dên neischt riske'ert, kann neischt gesin. Mein Hierz
stët net weidenhafen op fir all Peiperlénk.

Franz. — Merci fir dé Kompliment, Rainy. Nujé, wié wellt och
eso' engem le'we, sche'ne Médchen ewe's du ént 'bass. eso'
éppes veriwelen.

Rainy. — Ech befanne mech ganz gutt dobei.

Franz. — Emol ê Mensch dém et gutt gêt.

Rainy. — Ma ech hätt geduoht dir geng dach secher neischt
félen. wann ên an der Wêlt eso' en Succé huot ewe's du.

Franz. — Sief stel. A wien an onsem Alter sollt da wuol neischt
félen?

Rainy. — (Eescht.) Du huos domat net onrêcht, 'dass jo d'Alter
vun den onro'egen Hierzer. Ower dach hénkt d'Zefridden-
hêt vun de Wensch of. Begir net zevill.

Franz. — Peiperlenk, wels de soen, ower du irs dech.

Rainy. — Me'glech, an ech geng der et wenschen, dass d'et net
wärs wégent denger, ewêll d'Liewe vun Peiperlenk ass net
ze beneiden.

Franz. — Nemme wégent menger? O Rainy, eso' sche' we'ss de
bass, eso' onbarmhierzog kal ass dein Hierz.

Rainy. — Nê, mei Jong, kal ass mein Hierz net.

Franz. — Ma onergrendlech.

- Rainy.** — Wanns de Spâss dru fens, probè'er emol him op de Grond ze goen.
- Franz.** — Fir um Wé, we'ss de sèss, „leie gelòss ze gin“. Merci, Rainy!
- Rainy.** — 'T schéngt du bass gewint, dât wats de begiers, o'ni vill Me' gerêcht ze kre'en.
- Franz.** — An dat le'sst dei Stolz bei dir schon net zo'. gèlt Rainy?
- Rainy.** — Mei Stolz wuol net, ma meng E'er, mei le'we Franz.

5. Zén.

- Fûss.** — (Kent durch d'Stròss spaze'ert, d'Hänn um Réck, e stèllt sech bei de Franz a lét d'Aerm iwerenên.) We' gét et Franz? (Rêcht him d'Hand, zum Rainy.) Bonjour Rainy! An du le'ss de Franz eso' hei op der Stròss stoen ze geipen?
- Rainy.** — Dem Franz verwiert kên d'Haus, en ass jo schon als klénge Be'fchen hei aus an â gedabbert.
- Fûss.** — An da mungs de e kent an engem virun eso' dabberen biss e gro Hoer kritt. (Zum Franz.) E sche'ne Komplimènt, Franz.
- Franz.** — (Lâcht.) Wann d'Rainy engem e Bucke' rêcht, da pass op, fur net ze hurteg mat der Nuos dran, wèll eng Deschtel ass emmer dra vestoppt.
- Fûss.** — Franz, ech muss der ower félicite'eren op dat sche'nt Monument oder dé Modèll derfir, déns de ageschéckt huos, a wuorfir dass de den e'schte Preis kritt huos, all Zeidonge se jo enges Luows voll.
- Franz.** — 'T ass net der Me' wiert.
- Fûss.** — Huos d'och schon dervu gehe'ert, Rainy?
- Rainy.** — (A Gedanken.) Ech? jo, ech hun et geliés.
- Fûss.** — Da gléwen ech datt no dengem Komplimènt meint song Wirkong net me' dêt.
- Franz.** — (Ongedelleg.) Nemme luos, d'Rainy ass doan net metsch giéweg.
- Rainy.** — (Erschrèckt.) 'T wor net schlècht gemènkt, Franz.
- Fûss.** — (Lâcht.) So' Franz, eng Ploschter op d'Hierz, an zugleich eng Leimrittchen fir de Filchen.
- Franz.** — Dén topeg genug ass fir sech dropzesetzen.
- Rainy.** | Do huos de rêcht, op de' breicht ê wirklech net stolz ze sin, wèll wat engem o'ni Me' gerêcht get, ass net vill Besonnesches.
- Fûss.** — Franz, dat ass och gewess net durch d'Blumm geschwat (Lâcht iwert dem ofgoen.) Ja, den Déngscht ríft. Adde'!

6. Zén.

Lôr. — Rainy! Ass d'Mamm nach net erem?

Rainy. — Nach net, Papp.

Lôr. — (Geseit de Franz.) A bonjour Fränzen, a we' gêt et der dann?

Franz. — Ech danke, Mêschter Lôr. A mat Iech?

Lôr. — O we' soll et da sin. Ma komm setz dech eng Minutt. A wurfir le'ss de nun de Franz op der Strôss stôn, Rainy?

Rainy. — Ma Papp, de Franz ass jo gro'ss an al genog fir ze wessen, datt seng Nopeschleit him fir neischt brauchen ze fle'wen. Ech duocht, dat he'l sech bei him scho beim Léngend aus.

Franz. — Oder en de't nemmen eso' vun enger Blumm zur anerer fle'en, o'ni Zeit ze kre'en, fir sech nidderzelôssen.

Lôr. — (Be'ss.) Lôss der de' Onmane'er net zu Hîerze goen, mei Jong. Fraleit ze verstoen, dat hêscht se ze kënnen. Du drénks dach och e Gliésche Weîn mat mer, gêt?

Franz. — (Kent luos eran.) Dat presse'ert net, Mêschter Lôr.

Lôr. — O watt! E Gliésche Weîn kanns de verdroen. Setz dech ech gin eng Flêsch sichen. (of.)

Franz. — Dajé allt. (Sie setzen sech. D'Rainy arbecht, de Franz dre't eng Weilchen d'Daumen emenên.) Wat arbechs de do, Rainy?

Rainy. — An eso' éppes entresse'ert dech, Franz. Dat ass ower allt schon en éschte Gedanken.

Franz. — Dann hêlls de wirklech net me' vu mir?

Rainy. — Bis heihin kent ech net, wann ech och schon dack gewollt a gewünscht hätt. An durfir sin ech eso' fro' dech emol bei engem éschte Gedanken ze erdappen. Abé, wann et dech entresse'ert, 't ass mein Trousseau.

Franz. — (Erfe'ert.) Oho! Du gess bestuod?

Rainy. — (Lächelt schalkeg.) Ech gléf datt dat mei Beruf ass, a wurfir dann och net?

Franz. — (Fir sech.) Dann hât de Fûss dach rêcht, nun trau ên eso' engem Framensch. (Zum Rainy.) A wien ass dann dé Glécklechen?

Rainy. — (Schalkeg.) Hm. . . . 't schéngt, 't mêngt ên du gengs dech nawèll entresse'eren.

Franz. — (Ongedelleg.) Rainy, wien ass et. Ech wètt en ech roden et.

Rainy. — (Kickelt.) Da rot.

Franz. — (Voller Ongedold.) Ech kënnen en! (Fir sech.) Verspillt, verlur, o Rainy! Dat brengen ech net iwer mech.

Rainy. — Du?

Franz. — (Spréngt op, frédeg.) Ech? O Rainy! (Wellt et un sech reïssen.)

Rainy. — (Erschrèckt, wiert en of.) Gott ste' mer bei! (Zum Franz.) Franz! Du wëss jo, dass du et net bass. (Fir sech.) Dei Stolz le'sst et net emol zo' fir em meng Hand unzehalen. (Stolz.) Ower nê, bei Gott, ech bécke mech net. Mengs de vleicht, ech sollt mech dir un den Hals werfen. Nên!

Franz. — (Lêft opgerégt hin an hir.) Also', ech soll et wessen, datt ech et net sin.

Rainy. — (Trauereg.) Franz! Bedènk an iwerlé wurfir.

Franz. — De Füss hât rêcht. E Stech an d'Hierz, dann eng Ploschter, a gleich drop schon erem eng Leimriddchen.

Rainy. — (Schluxt op.) O Franz! Wanns de wesst we' eso' licht-sennegt Gerieds engem am Hierz we' dêt. (Mat erhuovener Stemm.) Freî ass d'Rainy vun alldém, a freî wor mein Hierz. Ma schwe'er ass et haut ge'nt iech, ons E'er he'ch ze halen. O le'ert dach eso' Hierzer uochten amplâtz se veruochten. (Am Kreischen of.)

Franz. — (Erschrèckt.) We', wat! Soll ech mech dach ieren? (A Gedanken.) Ech wëss du bass aus engem aneren Holz geschnidden ewe' de' Mêscht. A grad durfir ze't et mech eso' zu dir hin, ower du mechs engem we'nech Mutt, wurge'nt de' aner engem et eso' licht mâchen. Bass du en Engel oder e kokèten Deiwelchen? Nên dat Lèscht bass de net, dat sét eng Stemm mer, ower wurfir dann eso' zrèckhalend. O Rainy! O Rainy! Du bass an du bleifs dach ênzeg an eleng mein Alles, op ech mech och derge'nt striewen e Kne'fall ze dongen, du du! Du zwengs mech dach dro. (E séngt.)

Lidd N^o 6.

Um Firmamènt do stin
Milliarde prächtig Stieren,
Ma kên hun ech gesin,
Dat ka mein Hierz dir schwieren.
Dé mir a meî Gesicht
Eso' we's du gelicht.

Refrain: Regina le'we Stier,
We' hun ech dech so' gier.

Mat dengem le'we Glanz
Versche'nert mir meng Nuochten
Mein Hierz de't secher ganz
Dersonnert nach verschmuochten.
Dei Licht get him seng Krâft.
Sei Gléck ass dir verkâft.

Refrain: Regina le'we Stier,
We' hun ech dech so' gier.

7. Zén.

- Füss.** — (Kent durch d'Stróss, d'Hänn um Réck. E geseit de Franz, bleiwt stón, a lauschtert no; wann d'Liddchen um Enn ass, sèt e spettesch.) Nach ewe'neg Mo'ntschein an eng Gitar, oder eng Mandolin, an dann dé sche'ne Sterenhimmel vum Mettelmir, dorbei. . . .
- Franz.** — (Fällt him an d'Ried.) Weider neîscht. (Fir sech.) Du Lauschterpe'tchen.
- Füss.** — (Spettesch.) O dach! Nach iwer dir op enger Fenster och dat ne'degt verle'ft Gesicht, wèll hei kens de vleicht op der Fenster en anert gesin, mat engem spettesche Lâchen, wèlls de op de Leim gänge bass.
- Franz.** — (Nerve's.) Kemmer dech deuger Sâchen, dén heie fe'ert kênt op de Leim.
- Füss.** — (Spettesch.) 'T kann ên net wessen wat nach doraus er enstêt.
- Franz.** — (Be'ss.) Grad eso' gutt ewe' aus dengem Getreppels hei eremer. (Spettesch.) Wèll sie soe jo net anescht me' am Duorf ewe', „de Mêschter Lôr hätt ewèll eng Police extra fir sei Schôsi ze trepplen“
- Füss.** — (Spettesch.) An derbei kann et mech neischt dengen, wèll de Franz stecht se all eraus, so' Lidderchen kann ech jo dach net sungen, durfir fiercht net, Konkurrènz mâchen ech dir dach keng. (Of)
- Franz.** — (Ongedelleg.) Lûssert déns de bass! Elo wèss geschwen erem d'ganz Gemèng et. O Rainy, du dreifs mech an d'Ver-zweiwelong.

8. Zén.

- Rainy.** — (Wescht d'An of an erschreëkt wann et de Franz geseit, fir sech.) Meî Gott! Do ass e jo nach. (Welt erem an d'Haus.)
- Franz.** — (Rifft.) Rainy! Rainy!
- Rainy.** — (Kent erem.) Wat huos de Franz? Verzei mer, datt ech dech elèng gelôsst hât.
- Franz.** — A wurfir?
- Rainy.** — Ge', du dèss engem jo dach nemme we'h.
- Franz.** — (Gêt bei et.) Ech? Rainy a wurfir. De Tre'nen op denge le'we Bäckelcher?
- Rainy.** — Dat sin de' Ro'sen, de' deî Spott gezillt, an deng onge-rècht Virwerf.
- Franz.** — Da verzei mer, ech wèll et net me' mâchen.
- Rainy.** — Ass et der êscht!
- Franz.** — Mat wat soll ech der et beweisen, Rainy?

Rainy. — Mei Wonsch ass et net, dass de mir et solls beweisen, gef et wègent denger sëlwer, an du wèrs fannen datt, wann en anere kê Richter me' wellt sin, ên um richtege Wé ass fir zefridden ze gin. Da kuckt ên d'Wèlt an d'Doten vun de Menschen aneschter un, an 't fänkt ê bei sech un ze mâche wat engem seng Pflicht ass.

9. Zén.

Lôr. — (Kent mat enger Flësch Wein an enger Kescht Zigaretten eran.) So' Franz, elo kenne mer emol gemittlich e Pättche Wein drénken an eng Zigar rächen. So emol Rainy' ech siche schon eng Ve'erelestonn d'Haus aus fir en Tirbouchong ze fannen, wéss de net wo' e leit?

Rainy. — Eng Minutt, Papp, ech wéss wo' e leit. (Of.)

Lôr. — Da komm Franz, setz dech emol, an da verziels de mer we' et der gêt.

Franz. — (A Gedanken.) We' soll et da goen, Mêschter Lôr?

Lôr. — Du sés dat eso' gedréckt, meî Jong, ass èppes der iwer d'Liéwer gelaf?

Franz. — O wat soll et da sin. (Kuckt lanscht d'Haus op d'Fenster.)

Lôr. — (Fir sech.) A wat hun se dach. 'T schénge't ass iéwer we' d'Rosalie an de Bèrend soen. „Sie gin seî Liéwe net ênz.“ Onro'eg Hîerzer.

10. Zén.

Rosalie. — (Kent mat enger stolzer Minn durch d'Strôss op d'Dirche lass a schwénkt d'Pantoflen an der Lûcht.) Hei Papp, geseis de!

Lôr. — (Sprénge't op a lêft hier entge'nt, erschreékt.) We' wat gesin ech?

Rosali. — Deng Pantoflen!

Lôr. — (Bekuckt d'Pantoflen ewe' e Gêsch.) En Donner Kniddel a kênn Enn.

Rosali. — Gêlt emol, wann ech net gewiescht wâr.

Lôr. — (Fir sech.) De' verfluchte Patschero'sen. Ass et me'glech?

Rosali. — Geseis de, wanns de mech net hâss, wann der ên nemme bei allem wat ê fir iech mecht, me' an E'eron de't halen, ower nèn, dat ass alles geschwen erem vergiëss.

Lôr. — (Muss lachen.) Nujé, dann erennenen d'Pantoflen mech alt emol drun. (Fir sech.) Ewèll de' Schölter wârt ech jo se Liéwen net me' lass gin.

Rosali. — A wéss de nach wat Neies?

Lôr. — Secher nach èppes vun de Pantoflen?

Rosali. — Geroden. Dènk de Fùss sot mer, sie hätten dé Fèch-
tert dèn der se gestibitzt^ahât, erdappt, an an den e'schten
Dégen ke'me mer erfir, an da krit dé Lausbo'f de Mores emol
gesteppelt.

Lôr. — (Erfe'ert.) A wièn ass^{et}et dann, huot en net gesot wièn?

Rosali. — Eso' e Fèchtbrudder, sie hätte missen en Dolmetscher
aus Rusland komme lössen fir en ze verstên.

Lôr. — (Fir sech.) Och nach en Onschellegen, an ech kann net
emol de Kluof nennen. (Zum Rosali.) So emol Rosali, 't dèt
engem nawèll léd fir den ârmen Deiwel, an dènk nach e
Russ, dé vleicht sei Blutt a sei Liéwen agesat fir ons Hémecht,

Rosali. — (Verléen.) Mèngs de?

Lôr. — Mir sollten ons schuomen bis an den Erdbuodem, eso' en
Ondank. Een, dèn alles fir ons hirgin hätt, sech zu Do't fir
ons kristillett huot, an dèn nun e Puor Schong ne'deg huot,
an nun vun der No't gepéngegt, sech meng Pantoflen helt,
siche mir nun an de Prisong ze bréngen.

Rosali. — (Kritt Tre'nen an d'Aen.) Dèn ârme Jong.

Lôr. — Elo huos de nemmen d'Preisen an d'E'streicher, de' leiden
No't, an trotzdem datt se ons Léd ugedoen, gi mer wât mer
kennen, an hei dém ârmen Deiwel, dé fir ons sei Liéwe gin
hätt, dé welle mer onglécklech mâchen.

Rosali. — (Schluckst gottsje'merlech.) Wat gi mer iéwer mâchen,
Lôrchen, ech wosst dat jo net.

Lôr. — Du gutt Haut! (Ze't d'Rosali un sech.) Du huos ower e
gudd Hierzelches am Leif. Wèss de wat, elo gèss de soen,
sie sollen en eraus lössen, a gleich, an da schènks de him
de' sche'n Pantoflen.

Rosali. — (Fällt him em den Hals.) Du gudde Jong. Gewess mân
ech dat, an ech gin him nach Sue fir d'Rèss, an e puor fir
Ennerwé.

Lôr. — (Fir sech.) So', nu gèt et mat en no Sibirien, an Aedde' fir
emmer. (Zum Rosali.) Dat ass brav, meng Mod, 't ass jo eso'
sche'n wann ons Hierzer ênz sir an der Barmhierzegkêt.

Rosali. — (Emârmt en.) Gèlt émol, Loréntzelchen, mir passen
ower zesummen.

Lôr. — (Fir sech.) Ewe' d'Fauscht op d'A. (Zum Rosali.) Gewess,
mei Kand. Ja elo hât ech bal onse Besuch vergièss. (Gèt
mat him bei de Franz, dèn de ganzen Zeit mat dem Kapp an
d'Hänn gesteipt, do so'tz.) Hei ass de Franz.

Rosalie. — (Frédeg.) De Franz! Wellkomm, mei Jong!

Franz. — (Stèt op a rêcht hier d'Hand.) Bonjour, Mèschtesch.

Rosali. — A wat mecht de Papp dann, gelt e fänkt ewèll bal
un âl ze gin.

Franz. — Ech fanne wirklech och, datt en élst.

Rosali. — Ja, den ârme Mann huot et schwe'er getraff, datt
d'Mamm him eso' fre'h vun de Kennerchen ewég gefall ass.

- Franz** — Hârt ass et, dat ass wo'er.
- Rosali.** — O du muss ower wessen, dir hât gutt Noper, an de' de Papp ni am Stech gelôss hun.
- Franz.** — Dat huot de Papp mer scho me' we' honnert Mól verzielt.
- Rosali.** — Onst Rainy nach me' ewe' ech, 'tass ênt ewe' eng Mamm, 't ass e gutt Kand, onst Rainy.
- Franz.** — D'Rainy ass e le'wt, sche'nt Médche gin, we' kânt am Duorf ze fannen ass, dat muss ech soen.
- Rosali.** — A gutt erzuge, Franz, a we' ên der we'neg hautjesdâgs fent, nu muss de wessen, d'Mamm ass arbecchsam a keng Klâp, an de Papp, dat ass dat rêngste Schôf, soen ech der. Ma so Franz, 't ge'f ower och bal Zeit fir dech, oder huos de welles Jonggesèll ze bleiwen?
- Franz.** — Ech wellt wuol, ower 't ass kânt wat mech wellt.
- Rosali.** — Jé, jé! Du Schaus do, du solls keng Usprôch hun?

II. Zén.

- Rainy.** — (Kent mam Tirbuschoug, mecht d'Flësch op a schénkt eraus.)
- Lôr.** — Dat huot allt läng gedauert, Rainy.
- Rainy.** — Ma mir müssen onsen Tirbuschong verluor hun, ech must ê le'ne goen, bis ênt fun ons an d'Stad gêt. (Ass firdeg.) Gesondhêt Franz a Papp. (Sie drénken.)
- Franz.** (Lâcht.) Da well der dat net gléwen, Mëschesch?
- Rosali.** — Och, du mechs de Gèck.
- Franz.** — Abé, ech wëtten beim Rainy krit ech dén e'schten wann
- Rainy.** — (Fällt him an d'Riéd.) Wat krís de vu mir. wann?
- Franz.** — (Mat lâchendem Mont.) Ma deng Mamm mengt, 't ge' Zeit fir mech datt 'ech un d'Bestuoden de't dênken, an ech sot. „'t wellt kânt mech, an du wärs dat e'scht wat mir e Kuorf ge'f“.
- Rainy.** — (Trauereg, verléen.) Ass dat dei gudde Virsätz vun eloe'nescht?
- Franz.** — (Lâcht.) O'ni Spott, Rainy.
- Rainy.** — (Hiéft sech hurteg op, hält d'Nuoschnappech virun d'A'n a léft an d'Haus.)
- Franz.** — (Verstemt.) Wat sot ech nun?
- Rosali.** — (Be'ss.) Och, 't ass eng Tutz, an 't ass him net eso' geménkt. Du muss begreifen, dat kent dohir, well et nach net enner frieme Leide wor, 't ass ze ble't, gèlt Lôr?
- Lôr.** — Spâssereien!
- Rosali.** — Fiercht net, wann et emol an êscht driwer hircgêt, dann ze't et schon aner Seïten op.

Franz. — Ech mengen, da misst ech iéwer bal e gulde Mensch hun, dé mer e gutt Wuort de't aléen. (Stét op.)

Rosali. — Fiercht net, mei Jong, lôss mech domatt gewierden.

Franz. — (Helt hir zwo' Hänn an dréckt se fêst.) Domatt me'ch der mer e grosse Gefalen, Méschtesch, dat de't ech ni vergiessen. Ja, ech muss nu fort, ech soll nach e Päck op d'Gâr siche goen.

Lôr. — Da wart, mei Jong, ech gi matt, ech hun och nach éppes do leien. (Of, de Franz iwer dem Ofgoen.)

Franz. — (Kuckt lanscht d'Haus op.) An d'Festong get dach gestirmt, Rainy, dén net stârk ass, muss klug sin a sech Hellef huolen. En Zeréck get et elo net me' fir mech. (Of.) Wêll de Fûss verre't mech dach.

Rosali. — (Elang.) We' sen d'Kanner an dem Alter emol onro'eg: Ech well wëtten, 't huot ênt dat anert gieren, an derbei fiercht ênt dat anert. (Rifft.) Rainy! Rainy!

12. Zén.

Rainy. — (Kent mat verkraschen A'n eraus.) Wat get et, Mamm?

Rosali. — A wurfir lêfs du Trotz fort, wann de Franz dech frêt fir ze bestuoden, ech mëngt da soll ên op engem Bêu tanzen.

Rainy. — (Onglécklech.) O Mamm, e mecht jo nemmen de Spott an den Naren mat de Médercher.

Rosali. — Och, du mengs. Eso' sin s'all, deî Papp huot et d'nemlecht eso' gemâch. De Kurasch félt hinnen fir sech auszespriechen, an derbei treppele se Stonne lãng em d'Haus, verdre'en sech d'A'en an d'Hãls fir derlanscht erop ze kuken, un de Giéwelen fällt de Beworf erof vun der Fichtegkêt, an all Kand am Duorf get gewuor wat se welles hun, nemmen d'Médchen net.

Rainy. — Ech mengen net nemme, Mamm ower hie muss dach net denken ech le'ef him no, ech misst e Kne'fall virun him doncken.

Rosali. — (Lét den Arm em seng Taill an ze't et un sech.) De' Spillerei do, rêcht scho bis un Uodem an E'v zeréck, gléf mer, sie woren all eso', a sie bleiwen et. Rainy, d'ets du en da wirklech ofweisen, wann e ke'm fir dech ze kre'en?

Rainy. — (Schle't hier d'Aerm em den Hals.) Mamm wat soll ech sôn? (Schluxt.) Ech hun d'Hierz eso' déck.

Rosali. — (Dréckt sei Kapp un d'Broscht.) Sief stel Rainy. Gêlt du huos en iéwer gier?

Rainy. — (Dréck sech fêst un d'Mamm a wénkt nemme „jo“.)

Rosali. — (Kesst et op d'Stier.) Mei Schôf. Da lôss d'Mamm gewierden.

Rainy. — (Firt op, erschreékt.) Mamm, verrot mech net, so le'wer neischt.

Rosali. — Wurfir?

- Rainy.** — (An enger Angscht.) Mäch mer kê Geschwätz. Gëlt Mamm, du versprechs mer dat?
- Rosali.** — (Halwer be'ss.) Ma topegt Kand do, eso' kritt dat Dénge jo kê Wach.
- Rainy.** — (An enger Angscht, le'sst sech virun se op d'Kne'en.) Mamm, gëlt du versprechs mer neischt ze sôn, bis hie geschwat huot? O de' Schan! Dé Spott, ech de't en net iwerliéwen.
- Rosali.** — Topegt Kand, dovou stierwt ên net.
- Rainy.** — O hätt ech dach neischt z'erkénne gin! Du mechs mech onglécklech!
- Rosali.** — Dajé, sief stel, a bero'eg dech, da sôn ech alt neischt. Ste'h op a setz dech ro'eg un 'deng Arbecht, an da lössen ech dech eleng, da gët e scho bësser. (Of.)
- Rainy.** — (No enger Weil wo' et Tre'nen ofbotzt.) Ass dat ower eng Marter. (Spréngt op.) O Franz! Eso' gier we' ech dech hun, begier net datt ech mech soll firte'scht bëcken. Nën! Meng Le'ft ass mei Liéwen, an d'E'er solls du mir net kränken. (Séngt.)

Lidd Nr. 7.

'T huot jo alt mei Bëschten
 Schon Zënbeïsses kascht,
 Op Friddliéwenskäschten,
 Huot d'Hierz dack gekrascht;
 Soll d'Left ons erhiéwen
 Dann ni se verschénkt,
 'T verbettert ons d'Liéwen
 Wëll d'E'er gekränk.

Refrain: Siéf ro'eg du Hossel
 A bleif beim Verstand,
 Jé löss dech dach zessen
 Ech si jo kê Kand,
 Wuol huos de 't ass richtig
 Mech an der Gewalt.
 A bass du och dichteg
 A sche' vun Gestalt,
 Gléw dach net mir le'gen
 Virun dir um Kne',
 Wëll ier mir dat me'gen
 Vill le'wer net me'.

13. Zén.

- René.** — (Stët an der Ströss bei de Palissaden a séngt dn lëschte Refrain mat andém e sech un d'Hierz greïft.) Rainy!
- Rainy.** — Du René. (Gët a le'sst en eran.) Da komm eng Grim-mel bis eran.

- René.** — (Kent eran.) A wurfir eso' eng Onro'h am Hierz?
- Rainy.** — (Erschréckt.) Mei Gott René, e Liddchen ewe' en anert.
- René.** — Jé, jé, wovun d'Hierz voll ass, lêft de Gesank iwer.
- Rainy.** — Mengs de, mei Jong?
- René.** — Le'er mech et net, Rainy, wèll mei Gêscht ass a lèschter Zeit jo och eso' voller trauereger Melodien.
- Rainy.** — (Traureg.) Arme Jong.
- René.** — (Helt seng Hand.) Rainy, du huos mer Beschêd gesot, an ech e'eren deng Oprichtegkêt. Ower ènt solls de, muss de nach wessen e'er ech an d'Wêlt gin. Du huos elo dervu gesongen, deng Lêft net ze verschênken un ên dén dech welt op d'Kne'en zwengen. Da verhal wat de René der sét e'er hién an d'Friemt gêt, wèll e'mengt et gutt mat dir. Déjenegen huot sech berimmt bei Komeroden zo', dech op d'Kne'en ze zwengen. ons allen zum Trotz.
- Rainy.** — René, dat geschitt ni'
- René.** — Siéf op denger Hutt, Rainy.
- Rainy.** — Dat schwieren ech der, René, e'er dat gesche'ch, de't ech net me' liéwen.
- René.** — Aede' da, Rainy. (Récht him d'Hand.)
- Rainy.** — Glécklech Réss, René, a vergiëss d'Hémecht net.
- René.** — An du deî Schwur, Rainy;
- Rainy.** — Ni!
- René.** — (Gêt op d'Strôss lass a wénkt nach erem.) Aede' Rainy. (Of.)

14. Zén.

- Fûss.** — (Sto'ng bei de Palissaden nozekucken, fir sech.) Aha Hm nach ê mat enger Gittar. (Zum Rainy.) Rainy, kent ên sech och vleicht e besche bei dat Feierche wierme kommen?
- Rainy.** — Bei wat fir e Feierchen?
- Fûss.** — Wo' sech der hautt schon e puor gewiermt hun.
- Rainy.** — Ech verstin dech net.
- Fûss.** — Du? Dat gléw wié welt.
- Rainy.** — Ech wesst net Hêrchen, dat ech mer éppes virzewerfen hätt.
- Fûss.** — Dat och net, ewèll 't ass dei schönste Récht ên nom aneren un d'Feierchen erukommen, a sech d'Flilécken verbrënnen ze lÛssen.
- Rainy.** — 'T schéngt du hélls vill op dat wats de mengs, an dat sen der Klugster keng, sôn d'Leitt. (Of an d'Haus.)
- Fûss.** — (Lâcht him no.) Merci fir dé Kompliment, 't ass och nawèll nach artlech wann et granzeg ass, 't as nach droleg

mat der Le'ft, den ê kritt de Biësem nogeschmass, den aner
get gebass, an dobei hault emol kên. A mir stin a setzen
rondem d'Haus ewe' wuossn Statuen. Wie soll wuol den
Trompess an d'Hand kre'en? (Nodênklech, d'Hänn um Réck, of.)

15. Zén.

Rosali. — (Kent mam Bèrend durch d'Strôss an de Gärtchen.)
Gutt dass de mech elo op d'Riëds bruocht huos, 't schénge
dat leit dir och schwe'er um Hierz?

Bèrend. — Majo, Rosali, 't get Zeit dat se viru mâchen. Wat
hêsch dat Getrëntels?

16. Zén.

Lôr. (Vun der Strôss.) A de Bèrend, kens de ons och emol be-
sichen?

Rosali. — Komm Lôr, setz dech en Amënt a lauschter emol no,
mir hun hei en Deskur den intresse'ert dech secher och. (Lôr
kent a setzt sech.)

Bèrend. — 'T si muttwelleg jong Kanner, a wa mir net surgen,
datt se sech kre'en, da get sei Liéwen neischt draus.

Rosali. — Wëss de wat, dat bêscht wär mir me'jen d'Sâch eso'
weit an d'Rei, dat se nemme me' braichten „jo“ derzo' ze
soen?

Lôr. — 'T wär wuol dat Einfachst.

Bèrend. — O ech wëss secher, datt hien neischt derge'nt anze-
wënnen huot.

Rosali. — An hat och net.

Lôr. — Abè, da sètz einfach den Dag fèst wo' d'Ho'chzeit soll
sin, an dann ass d'Affär gehalen.

Rosali. — Iwer zwê Me'nt ass d'Kirmes, dat wär jo grad den
Dag derfir.

Bèrend. — 'T soll e Wurt sin. Da komm Lôr, ge'h mat hêm, datt
mar d'Sâch mam Franz an d'Rei richten, da kann d'Rosali
jo d'Rainy alt virbereden.

Rosali. — Ech well wuol (De' zwe'n of durch d'Haus.) Ja, ja, elo
hätt ech bal net me' u meng Pantöffelcher geduoht. Also
(Et helt se vum Stull wuor et se gesat.) elo kritt dir eng
E'er we' der an èrem Liéwe keng erwart hât. Dekore'ert
get elo mat iech e gudde braven Zaldot, dênkt watt eng
E'er. (Séngt.)

Lidd Nr. 8.

Dênkt un wat eng E'er
Kritt dir nun èr Do,
De' wor ongefe'er
Sei Liéwen net do.

Dir botz nu vill Meillen
De' fir ons geschafft,
Wann hié mat Medaillen
Seng Broscht vollgepraft.

A weit bis un d'Wolga
Botzt dir nach sei Fo'ss
A bréngt sengem Olga
Mein Dank a mei Gro'ss.

RIDO.



III. Akt.

(En Zemmer am Lôr sengem Haus, 't ass zwe' Me'nt spe'der.)

I. Zén.

Rainy. — (Setzt am Hochzeitsklêd do, an der Hand eng Ro'ss wo'vun et e Blummeblat nom aneren erofrappt an op de Buodem fale le'sst.) Arem Re'schen! Mat menge sche'ne, se'ssen Drêm iwer mein Hochzeitsdag ass et mir gângen we' et dir elo gêt. En Drain nom aneren ass a Muschle gângen, de' erduochte Gléckse'legkêt ass fort, a kâl an on-hêmlech ass dên Dag hautt do, an all Hêrlechkêt, all Gléckse'legkêt ewe' an engem Reif erkält. A wurfir? Wêll ech an dêm Wo'n geliéwt. d'Le'ft kent blo'ss zwê jong Menschen zesummefe'eren. A we' ass et nun a Wirklechkêt? Meng oprichteg Le'ft zu him, verbonneu mat der Le'ft zu menge gudden Elteren dêt mech him un den Altor folégen, a wat schénkt hié mir durge'nt? Ech soll him durzo' dengen fir aneren ze trotzen a fir Mod ze spillen, an durch ons Elteren zwénkt hié meng Le'ft op d Kne'en. Nu bleift mir nach eng sche'n Hoffnong, eng Hoffnong wuop ech mei Liéwensgléck ka bauen. Eng Hoffnong, de' dach um Enn ons Hierzer nach kann zesummefe'eren. (Et séngt.)

Lidd Nr. 9.

Mei Schrett soll mech net reien,
Meng Krâft net iwerweien.
Wa mir e Kand geschènt.
En Hierz voll Mammegléck,
Eng Welt voll Fréd am Bléck,
O jé! Wién dat bedénkt!

(Werit soch op d'Kne'en)

O Hêrgott hief Erbârmen,
Lé mir ént a meng Aaruen!

(Mecht we' wann et ént un d'Hierz de't drécken)

O Könni! Könni! Könni!
Ruff „Mamma! Mamma! Mamma!
A „Pappa! Pappa! Pappa!
Nun nach e se'sse Mönni.

(Stët op voll Gléckse'legkët).

Wo' Kannerstemme schalen
Do ka kê Léd sech halen.
We' d'Fre'jorssonn de Wanterschne',
So' schmöltzt all Léd eng Kannerwe'.

(erem êscht.) Jo Franz, am Mammegléck well ech dén Zwank
vergiessen dëns du mir undës, an hié wärt och de' Bréck
schlôn de' ons Hierzer zesummefe'ert, de' sech jo op dém
Fellemënt, das du am Muttwell geluogt, net kenne verstoen.

2. Zén.

Lôr. — (Kent durch d'Niewendir an de Pantofflen an am Schlof-
rack a Schlofkâp eran.) Ma so Rainy, bass du nach net an
der Rei?

Rainy. — (Bis op de Wuol an de Kränze.) Papp. Ma du könns
och schon ugedôn sin.

Lôr. — Da mâch viru Kand, wëll de Franz wärt bal kommen.
Ech hun alt nach zeits, mat mir gët et se'er.

Rainy. — Ech well. (Kesst de Papp a gët trauereg of.)

Lôr. — (Iwerdém datt en sech an de Kanappé setzt.) We' gin se
eso' hêmlech, wann et op d'Bestuode lass gët. Entlech ass
dé sche'nen Dag do, den Hochzeitsdag vun onsem ênzege
Kand. Wat wärrt d'Rainy an de Franz e stolzt a glécklecht
Pirche gin. 't soll hinnen ower och neischt félen eso' secher
we' ech Lôr hêschen.

3. Zén.

Rosali. — Kent mat enger Kartonsschongkesch enner dem Arm
eran.) A do bass de jo Lôrchen. (Setzt sech bei en.) We' sin
ech eso' glécklech, Lôrchen. (Emarmt a kesst en.)

Lôr. — (Wiert of.) Jé, jé, Rosali.

Rosali. — Nu kuck emol dé Grandsäck!

Lôr. — Löss de' Jong sech domat amese'eren.

Rosali. — Ass dat ower nun eng Riéd?

Lôr. — (Stoppt sech eng Peif op a fänkt s'un.) Rosali, mir müssen
elo me' verstänneg bleiwen, an domatt de Kanner e gutt
Beispill gin.

Rosali. — Nu kuck dén ale Fisematentekre'mer, we' wann hien
a senger jonger Zeit och nach lãng ne engem Beispill gefrot
hätt.

Lôr. — Jé, jé! Wann d'Kand dech de't he'eren?

Rosali. — An dann, an dann, da gese'ch et och we' glécklech
seng Elteren op sein Hochzeitsdag wãren.

Lôr. — (Schle't d'Bên iwerenên an dre't eso' halwer dem Rosali
de Réck a ble'sst erbãrmlech Strãpp.) 'T geseit et och schon

o'nidém. (Kueckt messtrauesch iwer d'Scheller op d'Kescht, de' et op den Desch gesat.) A wat huos de dann an dèr Köscht do?

Rosali. — (Be'ss spettesch.) Ma èppes wat d'Kand net duerf gesin.

Lôr. — Dajé alt. (Ble'sst dem Rosali a Gedanken Damp an d'Gesicht.)

Rosali. — Nu kuck emol dén Express, ma du erstréms ê jo bal mat dengem Gedämps.

Lôr. — Jé, Rosali sief me' fridlech.

Rosali. — (Be'ss.) Fridlech? Ech hätt och eso' geduocht, an ech se kaum heibannen do krège'lt a stechelt hié schon. (Spréngt be'ss dur, helt d'Kescht mat de Pantoflen a werft him se vir d'Fe'ss, datt se doruoter fle'en.) Fridlech? Maija, gèldir, brengt Säck mat a felt iech se, hien huot de Fridden op Ke'ppe leien. (Be'ss of.)

Lôr. — (Spréngt op a stürkt op d'Pantoflen ewe' wann et Gêschter wären.) Kernondiflêtsch! A wat gesin ech do? (Réft e Pantofel op an dre't en hin an hier.) Ech duocht dir wärt a Russland gerêst, a schon erem? Eso' eng Unhänglechkêt! (Geheit se be'ss an den Eck.) Der Deiwel huot iech iéwer gesin. De' verfluchte Patschero'sen, dat ass mein Ougléck schon zenter dat ech bestuod sin.

4. Zén.

Rosali. — (An engem Eifer.) Lôr! Lôr! Komm hir, a vif!

Lôr. — (Dé vun elauter Oprégong neischt gehe'ert.) Eso' e Butéck.

Rosali. — (Voller Eifer.) Wat!

Lôr. — Dén et nach net geseit an he'ert.) Neischt ewe' Kome'di hun ech am Haus zenter datt de' Patscheblumme mer virun d'A ko'men.

Rosali. — A du Flantes! Du Neischtet! Du huos dat mat de Patscheblummen ower misse kre'en, gèlt?

Lôr. — De' ganz Familjen ka mer gestuol gin!

Rosali. — (Iwerefereg.) A du Mitock, ass et net genug dass de-mech kugene'ers, gèss de nun och nach menger Familjen un d'E'er? Dat do lóssen ech mer ower net gefalen, du Fle'h Tinnes. A wat ass dann deng Familjen?

Lôr. — (Kent zo' sech.) Rosali!

Rosali. — (Steipt d'Ärm an d'Heffen.) Gèlt? A dat konvene'ert der net, wann ech der dat enner d'Nuos reiwen. Wat wor dann deî Papp an deî Gro'sspapp.

Lôr. — (Fällt him an d'Riéd). Ma Rosali, zess dech dach, op meng E'er, 't wor jo neischt riéds vun dir an denger Familjen.

Rosali. — Wat, du Fisematèntekre'mer, wells de dech elo nach de sche'ne Männchen mâchen?

Lôr. — Zess dech dach. Rosali. A wo' sollt ech dann? Du bass jo meng gutt trei brav Haut, de' all Kreitz a Lêds mat mir gedroen.

Rosali. — (Kreischt.) Ech hätt och gesot, ech dat der

Lôr. — (Emarnt et.) Ja, du, dat mer nach keng traureg Stonn . . .
ech wollt soen, nach net ganz vill traureg Stonne berêt huot.

Rosali. — (Lâcht werft sech him em den Hals a kesst en.) Lôrchen, gëlt emol, hautt welle mer erem eso' jonk sin ewe' op onsen Hochzeitsdag?

Lôr. — Gewess, meng Mod, d'Gléck vun onsem Kand soll ons erem jonk mâchen.

Rosali. — A wat sés de dann nun vun denge sche'ne Pantoflen? Geld emol, ech wënnen du re'its net we' ech erem druko'm.

Lôr. — Ma de' Schelter gi mir sei Liéwen net me' lass, do ass, all roden onnetz.

Rosali. — Ma stëll dir vir, ech hat jo, we'ss de mir befuol has, dem Russ se an de Prisong geschéckt.

Lôr. — Dén ärme Mann, e so'its do'tsecher onschelleg an.

Rosali. — 'T schéngt 't wor him och un d'Hierz gângen. ewëll elograd krut ech vun Dirèkter se mat engem Bre'fchen eremgeschéckt, an doa schreift e mer: En hätt d'E'er net kritt d'Pantoflen ze benotzen, wëll en hätt vun Ufank un gekränkelt, a wär virun enger Woch gestuorwen.

Lôr. — Do geseis de, do hu mer schon durch de' Pantoflen e Menscheliéwen um Gewessen.

Rosali. — Ma dann hât hie se solle stoe lössen.

Lôr. — Ech sôn der, onschelleg wor hien, an 't gêt mir ewe' him-mech bringe se och nach an d'Grâf, ech spiren et.

Rosali. — (Erschréckt.) Dat wärt dach net sin?

Lôr. — O'ni Zweiwel. De' Scho'schteren hun am Krich all me'glech an onme'glech Sâchen an d'Schong gemâch, grad ewe' d'Scharkutercher an d'Treipen, wié wëss aus wat fir enger Haut datt se fabriziert sin. Jiddenfalls huot se net vill gedâgt.

5. Zén.

Kluof. — (Stréckt de Kapp zur Dir eran). Gudde Murgem!

Lôr. — De Kluof? A wat mechs du hei? Ge'h mir hun hautt keng Zeit dengem Getotz nozelauschtren.

Kluof. — Dir erlabt? Ech wolt nemmen èppes froe kommen.

Rosali. — A du Schnékert, du huos d'Hochzeit an der Nuos?

Kluof. — (Lâcht). Nën! Ma! Dat net.

Lôr. — Da komm eran, 't ze't zevill vann d'Dir opstët. (Kent eran).

Rosali. — A wat ass da geschitt, Kluof?

Kluof. — Ma onst Gre't ass krank.

Rosali. — A wo' klot et dann?

Kluof. — O, 't klot am Leif, op dem Leif an uoter de Leif.

Lôr. — A wat sèt dann den Dokter?

Kluof. — Ma mir sollten et an nâss Leindicher awéckelen.

Rosali. — Dat se Kneipkureu.

Kluof. — An do welt hatt hun, ech sollt meeh a seng Plätz dran awéckele lössen.

Rosali. — Ma dat kann him jo neischt déngen.

Kluof. — 'T wellt net, émol net. 'T wellt neischt matt Wässer ze din hun, an do wollt ech frô kommen op dir vleicht de't welle matgoen, fir him dat auszeschwätzen.

Rosali. — 'T schénge't 't ass e we'scht, ärt Gre't, an net éschtlech proper.

Kluof. — (Séngt).

Lidd Nr. 10.

Maija gèldir meng Fra onst Gre't
Hatt hält net vill op Propperte't,
Et huot. well wètte wat gewat,
De Fo'ss nach a kê Bad gesat.
Et huot eng Haut we' d'hëlleg Nuocht,
An hutt dir et scho betruocht,
Gesin 'we' hatt ste'ts ugedôn?
Kên Uos de't him dé Ploner drô'n?
Eng halew Dosen Önneschträck,
An net ze schwätze vun den Zäck;
E Schnappech hannen an ênt vir,
Ent em den Hals an ênt em d'Stir.
Déck welle Schong an drei Puor Strempe,
An d'Ärm nach voller Huosestemp.
Derbei et han'rem Uowe setzt
An nemmen emmer dichteg hezt.
„Am Wässer“, sèt et, „ma gewass,“
Gin hault d'bèscht Lompen all zerass,
An d'Wässerkur, et ass genug,
Verfolegt e'wech nach meî Fluch!

Lôr. — Arme Kluof! Du huos secher e schwe'ert Liéwen ze fe'eren?

Kluof. — Maija, ech brengen et net op a beî fir hatt ze kléden a wärm ze halen. Kuckt emol nemme meng Schong. (Weisst se an huot d'Ze'wen eraus hénken).

Lôr. — So Rosali, kuck nemmen, wat mêngs de?

Rosali. — Da wart Kluof. Hei huos de e Puor fonkelnei Pantofflen, huol se matt a botz dech dermatt. An da so zu èrem Gre't, ech ke'm muor emol bis bei et, durch de' Hochzeit wär ech hault verhennert. (Get him d'Pantofflen).

Kluof. — Merci, merci, Rosali! (Hält d'Pantofflen an d'Lücht).
Nên, ewe' sche'n a ganz bekannt!

Lôr. — (Hält de Fanger op de Mond, zum Kluof) „Pst!“ (Zum Rosali) Gêlt, emol? Rosali gef em och eng Flësch Wein mat an e Stéck Kuch.

Rosali. — Da komm Kluof, da mân ech der och nach e Päckelchen, dann hels de dat matt fir d'Gre't. Ower richt hêm goen, a keng Dommhête gemâch.

Kluof. — A wo' denk der hin?

Lôr. — Et wär ower secher net de' e'schte Ke'er.

Kluof. — Dat war gutt we' mer nach jonk woren.

Lôr. — A vir ve'erzéng Dég?

Kluof. — Dat wor eng Ausnahm, du wor ech d'Familje besichen, eng aparti Gelééhêt.

Rosali. — Da komm Kluof. (Allen zwê of).

Lôr. — (Eleng). Do wär ech se nun èntlech fir emmer lass. Dem Kluof gehe'eren se och zo', ma 't ass en Neischnotz, wann hié mer alt keng dermatt spillt.

6. Zen.

Rainy. — (Am vollen Hochzeitsstât). Nu get et ower Zeit fir dech an d'Rei ze sätzen. (Gêt bei de Spigel a betruocht sech vun alle Seiten).

Lôr. — Ass de Franz an de Bèrend da schon hei?

Rainy. — Nach net, Papp, ower wann d'Gäschdt kommen, da muss de dach fierdeg sin.

Lôr. — Dajé alt, ech sen och geschwen. (Of).

Rainy. — (Eleng). Nun ass d'Stonn do wo' mir ons sollen ugehe'eren. (A Gedanken). Ugehe'eren jo, ower we'? O Franz de'ts du d'Le'ft, a wat se ass, verstôn ewe' ech, en Himmel op deser Ird wär ons sicher. Matt engem oprichtege Wurt hëss de mein Hîerz gefâng. Du begiers vu mir d'Médchen mein Hîerz ass dir Niéwesâch. De Mutt. zu enger oprichteger Fro huot dir gefélt, an du profite'ers feig meng Elteren, a meng Le'ft zu menge gudden Elteren, fir d'Médchen ze kre'en, eng Mod ze hun. Domat trett de meng Le'ft zu dir matt Fe'ssen, an du verdéngs der domatt mei ganzen Abgäuscht. Ir dech net, meng Le'ft le'sst ni zo' datt mei Kîrper sech der Leidenschaft erget. Sie ass ons E'er och nach wann de Rénk ons verbonnen, wann ons Zeit et och matt sech bruocht. datt munnech Framensch nom Bestiednes mëschtendêls nemme me' eng Sklavin ass, an och a Wirklechkêt mêngt dat wär sei Beruf, wêll d'Leidenschaft seng Le'ft erstéckt. Nên! Lâchendesmons erstécken ech net am Schmotz meng ganz Liéwensfréd.

7. Zén.

Franz. — (Am Hochzeitsstât, kuckt rondem a kent op den Ze'wen bis hanner d'Rainy an hält him matt den Hänn d'An zo'). Gukuek, Rainy!

Rainy. — Franz du?

Franz. — (Bekuekt et vun enne bis uowen, datt et schimech get). We' sche'n a we' le'w, Rainy.

Rainy. — Ass dat alles, Franz?

Franz. — Net grad, du mîsst och nach me' hêmlech sin.

Rainy. — Franz, lôss we'negstens an deser éschter Stonn de Lîchtsenn.

Franz. — Gêlt emol, Rainy, nun ze't de Peiperlénk dach an d'Fèstong an?

Rainy. — (Trauereg). An du bass stolz op de' Art a Weis we'ss de anze'ss.

Franz. — (Lâcht). Dén net stârk ass, muss klug sin. (Séngt).

Lidd. Nr. 11.

Regina! Regina! Nu bass de dach meînt!

Rainy. — Franz he'er! An dènk drun, so' gin ech ni deînt!

Franz. — (Lâcht schalkeg).

Komm, gef dech mein Engel, 't get nu kên zeréck,
An d'Englen am Himmel beneide meî Gléck.
De Peiplénk, o gléw et hien ass dach e Schaus
Trotz allem wiélt hien sech d'sche'nt Blimmchen eraus.

Rainy. — (Verzweiwelt).

Dir Hëlleg am Himmel, du le'weger Gott!
Wat wells de, wat sichs de bei mir matt dem Spott.
Mech zwéngt kê Gesètz a kê Rénk op de Kne',
Trotz allem bleift d'E'er so' weiss ewe' Schne'.

Franz. — (Lâcht).

Deî Stolz ech verstin,
Dé wellt sech net gin.
An dach muss d'et din,
Du muss dech ergin.

Rainy. — (Werft de Kapp stolz an d'Lûcht, a wènt sech vun him of).

Ech wêss du huos jo scho gewat
Mech nach ze zwéngen op de Kne'.
Ma ech well wétte wat gewat,
Du lâchs du jubels vill ze frè'.

8. Zén.

Rosali. — (Ho'festlech geklêd). A do ass de Franz jo och.

Franz. — Magewess, Mamm, hei muss ên sech erbeî mâchen wann et gelt.

Rosali. — A dat gefällt mer, mei Jong, nenn mech emol nach engke'er eso'.

Franz. — (Zum Rainy). Kuck emol we' stolz ass deng Mamm op hiren Edem, Rainy. (Lâcht).

Rosali — (Gêt em d'Rainy ze'en a botzen). So' meng Mod, elo bass de ower emol fein eraus gemâch, wat werten se A mâchen, wann dir zwê an d'Kierch schréckt. Kuck emol Franz, wat sêss de nun vum Rainy?

Franz. — E sche'nt, e stolzt Mêdchen.

Rosali. (Bekuckt d'Rainy). A wat ass der Rainy? Du bass eso' blêch.

Rainy. — (Le'sst sech sênken, d'Rosali spréngt dur a fânkt et op).

Rosali, — (Mat engem Krêsch). Rainy! Rainy! (Setzt et an d'Fautêl). Hurteg e Glas Weîn! (Of).

Franz. — (Stong firte'scht ganz erschréckt do bis d'Rosali fort ass, da werft en sech virun de Fautêl op d'Kne'en). Rainy! Rainy! (Kesst an engem fort him d'Hänn). Verzei mer! 'T wor jo secher net eso' be'ss gemênkt. Rainy! He'er! 'T wêrt dach net stierwen. Gott am Himmel, dat wâr jo och mein Do'd.

9. Zén.

Rosali. — (Kennt hurtech matt Wein eran). Wart, ech gin him hurtech e besse Wein ze drénken, Franz. ('T beme'ht sech em d'Rainy, de Franz, dém Gewesse schle't, ze't sech e Schrack zeréck). Rainy! Meî Schôf, mein Engel!

10. Zén.

Lôr. — (Kennt mam Bèrend am Ho'fêst). A watt ass geschitt, Rosali? Onst Rainy, ass et him net wuol?

Rosali. — Och d'ârmt Kand, 't wârt vum lânge Fâschten net wuol se gin. (Rainy schle't d'An op). Ma we' et schéngt ass et schons eriwer. (Frédeg). Rainy, gèlt elo get e scho besser, meng Mod?

Rainy. — (Hiéft séch e we'neg). Wo' sin ech?

Rosali. — Bei der Mamm, mein Engel. Nun dréck nach eng Grimmel, da gêt et scho bêsser.

Rainy. — (Dréckt sech un se). Bei der Mamm. (Mat engem Seifzer). A gutt versurgt, gèlt ech kann och bei der bleiwen?

Rosali, — Gewess Rainy, a wurfir dan och net. Hei ass jo och de Papp an deî Breitjemann, de Franz, gèlt emol elo ass et jo erem gutt, komm da mân ech dech och erem an d'Rei an da gi mer an d'Kierch. (De Franz kent erfir bei et).

Franz. — Rainy, we' ko'nun dat dann op émol?

Rainy. — Verzei? (Matt engem spetteschen, we'midegen To'n).
'T get engem net licht gemâch eng glecklech Braut ze spillen.

Franz. — Rainy! (Wellt nach me' soen, ower d'Rainy dre't sech emm zur Mamm a frét).

Rainy. — Mamm, wells de kucken op meng Toilett nach an Ürdnong ass, da gi mer an d'Kierch. (Stêt do wo' e reiege Sender).

Rosali. — (Dat mam Lôr a Bèrend geschwat, so' datt se neischt gehe'ert, gêt emm et stre'len). 'T ass alles a pivo, meî Kand.

Rainy. — (Récht dem Franz d'Hand a sét). Komm, lôss mer mam Ségen vun den Elteren ons verênegem. (De Franz le'sst sech matt op e Kne' nidder). Mir biêden iech emm äre Segen? (Gesank).

Papp a Mamm, o schènkt, o schènkt ons nemmen hautt
Äre Ségen, dén de Kanner Heiser baut.

Lidd Nr. 12.

Bèrend. — (Récht en d'Hard, de' se kessen).

D'Vertraue wat d'Regina dir geschènkt,
Get dat vun Muttwell lichtfankeg gekrânkt,
Da get seng Minn so'bal net fro'h a le'f,
An d'Stir verle'ert och den Adelsbre'f.
Seng Hand dén Engel dén se ste'ts gelènkt.

Rosali a Lôr. — (We' de Bèrend),

'T ass le'f a gutt wann 't glécklech Dég geseît.
Wann d'Liéwen Blumen op seî Wé geheit,
Wèll blo'ss d'Erennerong u glécklech Jôr,
Mecht d'Hierz him freî an d'Ae kristallklôr,
Da stêt et och am Sturm op denger Seit.

(Iwerdém sen d'Hochzeitgäscht all era komm a sange Cho'er).

11. Zén.

Cho'er. — Vill Sturm a Rén le'sst sech zesummendrôn,
So'gur dat Schlemmst le'st sech da licht erdrôn.
Ma helt ênt d'Fréd, a le'sst dém anren d'Lêd?
Da kent ên Dag wo' d'Hierz a Stécker gêt,
An 't kent eng Zeît wo' 't net me' fro'h ka gin,
An de'ts de d'Hierzblutt fir de Fridde gin.

RIDO.

TABLEAU.

(Wann de Rideau sech hieft da kent d'Hochzeit luos aus dem Haus an de Gärtchen bis bei d'Pärtchen, op der Strôss stêt de Gesankverein, Fraen a Kanner. 'T he'ert ê Kâtzekäpp offeiern.

eng Dre'horgel vun de Pèrdercher, den Harmonium intone'ert
an der Kierch, eng Kläckelche laut zu hâf. Da Ko'ergesank mat
Harmonium.)

Lidd Nr. 13.
Liéwensgléck.

Drei Plänzerchen sin deif an d'Hierz gesénkt,
Vun Hèrgott dé besurgt un alles dènkt.
Go'f jidder Mensch de' Himmelsgef geschénkt.

De' e'scht hèscht, „Le'ft“, a blet nach op all Héd.
Hir Blimmche schénkt ons d'Liéwen, d'Léd an d'Fréd.
Verscho'nt bleibt kên, sie helt se all mam Bûscht,
Nom Liéwensgléck hu jo all Menschen Dûscht.
An dén se welt verlêchnen, o du jé,
Verfolegt sie nach op all Wé a Sté.

De' zwét ass, „d'Muocht“, sie schle't net emmer un,
Hätt ên se gier an d'Ble' da gef dech drun.
Ge' gruof a planz, sie lo'nt der d'grengste Me',
A wísst vun Dag zu Dag eng Grimmel me'.
Ma opgepasst, de Krêss vun denger Muocht,
Brenge blo'ss de Fridd wanns du de' drett geuocht.

„Gewessen“, hèscht se, a sie dre't eng Blumm,
De' mecht der Le'ft, der Muocht ere'scht en Nuom,
Durch sie, sét ons den Hèrgott wat se mân,
An dén net lauschtert, rênnt gewess eran.
Gin d'Le'ft an d'Muocht verhuol fir sech eleng,
Dann hieft de Schmotz sech a sie gi gemeng.

O lósst se allen drei zesumme blé'en,
Gerècht kann d'Muocht an d'Le'ft blo'ss Fridde se'en.
Zesumme mân s'och an all Hèrelänner
Gelécklech Fraen, Ksnner a verstänneg Männer.

RIDO.



IV. Akt.

(Den Decor ewe' am Tableau, nemmen 'tass 2 Jôr spe'der am Summer. Teschent dem Schiédheischen an de Palissaden stêt op engen Stéblock eng Statu.)

1. Zén.

Rainy. — (Setzt am Schiédheischen mat enger Handarbecht. No enger Paus sèt et a Gedanken.) Gottogott! (Seifzt schwe'er a le'sst d'Hänn an de Scho'ss falen.) De' Hoffnong, wuorop ech meî Gléck gebaut, huot sech net erfelt. E Kendchen, wat ons Hierzer kent zesummefe'eren, bleibt ons versot, an och d'Zesummeliéwen wuorop ech meng Hoffnong gesat, huot grad de Konträr bruocht, wat soll, wat kann ons d'Gléck brengen, wat soll ons kennen zesammenfe'eren? Leît d'Schold vleicht u mir sëlwer? (No enger Gedankepaús.) Nën begiert huot hié mech net aus oprîchteger Le'ft, nën fir anere mat mir ze trotzen, fir mech ze pénegen mat sengem Spott. Meng Le'ft ass oprîchteg. O we' dack hätt ech mech him scho gieren un den Hals geworf an him meî Léd geklot, wann ech nemmè gese'ch, datt e mech eng Grimmel gieren hätt. O Franz, lôss de Spott, ê left Wurt, oprîchteg le'f an d'Rainy géng durch Déck an Denn mat dir. Ower eso', o we' sin ech eso' onglécklech. (Et séngt.)

Lidd Nr. 14.

O wesst de we' 't dem Regin schmâcht
Wat fir dech liéft a fir dech wâcht,
Wanns du sein Hierz, dat voller Glo'ss
So' onbarmhierzeg trets mam Fo'ss.

Refrain: d'Hierz hummert we' eng Tremmchen,
A rifft mat luoser Stemmchen:
„Raumt op mat all dém Motzen,
Wat kann et iech dann notzen!

E frendlecht Wurt, ê lewe Bléck,
Ech dierf net dênken un dat Gléck.
Ma durch deng Lâch, deî stalze Bléck
Ste'ss du meng Hand, mein Hierz zeréck.

Refrain: D'Hierz hummert we' eng Tremmchen: . . .
O wurfir wells de dech net gin.
Wells du mech vleicht un Kne' gesin?
(Trotzeg.) Nën! Durzo' gin ech mech net hier
An hätt ech dech och nach 'so' gier!
Rainy. — (Setzt sech erem an arbecht.)

2. Zén.

Franz. — (An enger Kenschtlerschipp kent aus dem Haus fir op d'Strôss, a rifft zum Schiédheischen hin.) Mam Nuochtiessen brauchts de net op mech ze warden!
Rainy. — (Trauereg.) Ma so Franz, hält dat dann ewëll eso' un?
Franz. — Ech hun eng pressant Arbecht. (Bleift stôn.)
Rainy. — (Iwerdém datt et an d'Haus gët.) Gutt wann d'Arbecht der keng Zeit le'sst un deng Fra ze denken. (Mat Trotz.) Da soll et mir och net schwe'er falen.
Franz. — (Kuckt him no a wénkt a Gedanke mam Kapp.) Wat e Liéwen ass dat ower, 't ass fir ze verzweiwlen. En Hîerz vu Stên, an derbei eso' le'f eso' sche'n. Wo' kont ech mech durch d'Sche'nhêt verléde lössen, wo' ech wosst dass de ~~W~~kên Hîerz hëss. (A Gedanken no enger Paus.) Du muss dach net gléwen dat ech virun dir misst op de Kne'en biédelen fir e gudd Wurt. Nën! Dat mecht de Franz net' vill le'wer fort vun hei. A menger Konscht well ech dech da vergiessen. (E rifft.) Rainy! Rainy!

3. Zén.

Rainy. — (Kent an d'Dir.) Wat get? Ech duocht du wärs presse'ert?
Franz. — Fiercht net, ech wärt net lång me' hënneren.
Rainy. — An?
Franz. — Ech gi fort.
Rainy. — (Firt zesammen.) Wâr?
Franz. — Ech hun en Optrag kritt fir e Monument, a Frankreich.
Rainy. — (Kûrz.) Gutt.
Franz. — 'Tass vleicht fir e Jôr an och vleicht fir me' lång.
Rainy. — (Kûrz.) Ech well.
Franz. — (Ausser sech.) Ass dat alles?
Rainy. — Dat muss du jo wessen, wann et dir net schwe'er fällt, wurfir soll et mir dann èppes ausmâchen?
Franz. — (Trotzeg.) Gutt, da well ech och nemme Recksicht op meng Konscht huolen an ech gi scho muor de Murge fort.
Rainy. — We'ss de wells, mir ass et rêcht. (Of.)

Franz. — (Eleng, verzweiwelt.) Wien hätt dat vun dir erwart!
An dach, ass net erschréckt we' ech him et sot? Ower sein
Trotz le'sst kê le'wt Gefill opkommen. Oder leit och vleicht
d'Schold bei mir, datt mer ons net kenne verstôn?

Nên! Un him ass et sech z'ergin. (A Gedanken, no enger Paus.)
Hätt et mech gier, wo' kent et dann all de' Zeit eso' ge'nt
mech sin. An dach, gin ech och fort, ech kann dech net
messen. (Greift sech an d'Hôr.) We' wär et wann ên dém
verfluchte Liéwen en Enn me'ch, fir Ro' ze fannen um Ird-
buodem. (E welt fort, ganz verste'ert, a lêft widder d'Rosali,
wat iwer d'Strôss ko'm mat engem Kuorf a bal bei him sto'ng,
we' en dé lêschte Sâtz gesot.)

4. Zén.

Rosali. — (Erschréckt.) Franz!

Franz. — (Verste'ert.) Fort, nemme fort vun hei!

Rosali. — Ma siéf dach verstänneg, Franz. (Welt en zereckhalen.)

Franz. — (Reisst sech lass.) Du! Du! (Mecht eng Fauscht ge'nt
d'Haus.) Dech soll mein Do't verfollegen bis un d'Grâw! (Of,
op d'Strôss zur Kierch.)

Rosali. — Mei Gott wat en Onglêck, datt de' zwê sech émol net
welle verdrôn zesummen. (Welt him no.)

5. Zén.

Fûss. — (Dé matt engem Pâck enner dem Arm bei de Palissaden
sto'ng an de' lêscht Zén nogekuckt an hêmlech fir sech ge-
lâcht huot.) A gudde Murge, Mêschesch! A wo' well der hin?

Rosali. — Kemmer dech net drem, a mâch dech aus der Wé
(Welt en op d'Seit sto'ssen.)

Fûss. — Nun, nun, Madam, ech hätt mat iech ze schwätzen.

Rosali. — (Firwetzeg.) Mat mir? A wat wär dat dann?

Fûss. — Da lôsst mech emol bis ân.

Rosali. — Dajé, da kommt alt

Fûss. — (Kent bis bei d'Schiedhaischen, léd de Pâck op den
Desch a fänkt un e lasszemâchen.) Well der mer vleicht de
Mêschter ruffe goen?

Rosali. — A wurfir?

Fûss. — Well mer hie braichten. (Rosali of.) N... 't ja mei le'we
Franz. 'T schengt du huos der d'Klœ verbrannt um Rainy,
well d'Glêck ass och nach lîng net bei iech dohêm, soss hâss
de me' Spâss um Liéwen ewe' eso'. Nujé, ech hun der et jo
profezeit. (E sêzt d'Pantofle vir op den Desch.) Ma hei hun
ech éppes font, durun hât ech am mansten geduoht. De

Kômmissär hât mech ugestallt Rescherschen ze mâchen iwer dén Abroch an dat Goldgeschâft dén elo dèr Dég ên vir ass komm, an 't wor we' mer geduocht hâten, den De'f hât Pantoflen un fir d'Spuren ze verweschen an op der Stross huot hien d'Schong secher erem ugedoen an d'Pantoflen an e Gârt geheit, wo' ech se de Murge font hun, an tch wëtten honnert ge'nt ênt, et sen dem Mêschter Lôr seng. eT schengt sie müssen um rujene'eren sin, datt se zu eso' 'Tricke musse greifen fir liêwen ze kennen. 'T dèt engem nawèll léd fir d'Leit, wèll Léd a Misèr hâttèn se eso' ewe' eso' schon genoch.

6. Zén.

Rosali. — (Mam Lôr). Hei Fûss, hei ass de Mêschter.

Fûss. — Gudde Murge, Mêschter!

Lôr. — A wat hu mer dann Neis, Fûss?

Fûss. — (Ze't sech op d'Seit, mustert hie schârf a sèt). Kênt der 'de' Pantofle, Mêschter?

Lôr. — (Bekuckt se ewe' wann et Gêschter wâren). Wat?

Rosali. — (Schle't d'Hänn um Kapp zesummen). Net me'glech, Lôr? Deng Pantoflen!

Lôr. — De' verfluchte Schellter!

Rosali. — (Stre'lt d'Pantoflen). Gelt emol Lôrchen, a we' sche'n sin se nach.

Lôr. — A wo' der Jomer komm der un de' Ongêheier?

Fûss. — Hm... wat eng Fro.

Lôr. — Maija.

Fûss. — Ma do wur dir se nom De'fstal geworf hutt.

Rosali. — Wat sèt dén?

Fûss. — Fir d'Polizei op falsch Spuren zu fe'eren.

Lôr. — Kernondiflêtsch. (Lâcht). A wien huot iech erausgelôss?

Rosali. — (Firt op de Fûss dur an hält em d'Fauscht enner d'Nuos). Wat! Sot dat nach engke'er, du Irbesenzieler do.

Fûss. — Oho, Widderstand ge'nt d'Gesetz.

Rosali. — (Widdech). Elo gin ech der gleich Widderstand ge'nt dein Efalt, du Fle'pitt, du Iéselshaut.

Fûss. — Madam, dat elo sêzt iech desdo me' hannendran. (Zum Lôr). Also dir hutt zo'gin datt et èr Pantofle sin.

Lôr. — Dat gin ech och nach zo'.

Rosali. — An ech och, an datt et hêmlech Dickelcher sin, wèll géngen se och honnert Mol aus dem Haus, si fannen d'Dir jiddesmol erem, an dat ass brav.

Fûss. — Dat ass jo sche'n. Ower erlabt, da muss ech am Nuom vum Gesetz de Mêschter verhaften.

Lôr. — Mech?

Rosali. — Onse Lôrchen?

Fûss. — Eren Hêrchen, Madam, ja.

Rosali. — Wat? verhaften, an de Prisong fe'eren?

Lôr. — (Verdresslech). Ech sot der jo, dén ârme Russ ass der-
durch gestuorwen a mech brings de och nach dermatt an
d'Grav.

Rosali. — (Schluxt). Ma da lauschtert dach mech, ech hât dem
Kluof se geschênkt, dann ass dén Neischtert dermatt age-
brach.

Fûss. — Mât keng Farcen, Madam, ech hu keng Zeît ze verle'eren.

Rosali. — (Trett em an de Wé). Nên, dat dierf net gesche'hen,
dat de't ech net iwerliéwen. Lôrche bleiw hei, gèldu?

Lôr. — Lôss et gutt sin, Rosali, dat wèrt sech scho fanne beim
Kommissär, 't ass en Irtom a weider neischt, ech se ge-
schwenn erem.

Rosali. — Mengs de, mei Jong? A wann se dech dann de'ten
ersche'ssen, wat dann? (Hault). Nên, nên! Ech lôssen dech
net gôn. (Werft sech him em den Hals).

Lôr. — (Stre'lt et iwer d'Hôr). Rosali, siéf verstänneg, 't geschitt
mer jo neischt.

Fûss. — (Dén d'Pantoflen erem zesummegepâckt enner dem Arm
huot). Sitt verstänneg, Madam, wann éren Hêrchen onschel-
leg ass, da beweist et sech jo.

Rosali. — Abé dajé, ower wa seî Liéwen ên him en Hôr um Kapp
kremt da gar érer. Wart Lôrchen ech gin der nach eng
gutt gedrechent Hâm an e rond Bro't matt, dass de kên
Honger brauchs ze leiden.

Lôr. — Lôss dat, Rosali, ech se jo geschwen erem

Fûss. — Jo, wann et gudd gêt fir d'Nuochtiéssen.

Rosali. — Dajé, da lôssen ech et zo'. (De' zwe'n of). Ower datt
kê mer en ure'ert, dé gudde Jong. An de' Pantoflen, wann
de' sech nach engke'er weisen, dann hun se geliéwt.

7. Zén.

Rainy. — Watt ass geschitt, Mamm?

Rosali. — Neischt! (Of).

Rainy. — (Setzt sech an d'Schiédhaischen). E welt fort, ech kann
et bal net begreifen. Fort fir zwê länger Joren. (No enger
Paus). Zwê Jôr en net me' ze gesin, en net me' ze he'eren,
an och vleicht fir emmer. (No enger Paus). Sin ech dach
vleicht ze weit gângen a mengem Stolz op meng E'er. O
Gott! Wat mân? (Sprengt op). Franz! O Franz! Bleiw!
Nên, ech werfe mech virun hien op d'Kne'en, e muss mech
jo erhe'eren. Jo, ech well mech jo bécken. (Schluxt). O'ni
dech kann ech jo net liéwen.

8. Zén.

Rosali. — (Kent aus dem Haus mat enger Hâm an engem Bro't).
An e soll net erhengeren, dat soll ech hinne weisen. Mei
Lôr. en De'f!

Rainy. — (Erschréckt). Wat sés de do, Mamm?

Rosali. — Ass dat erlabt. Dènk nemmen emol un, elo kent jo
de Fûss an helt dei Papp mat an de Prisong. Le'ss du dat
zo'?

Rainy. — An de Prisoog?

Rosali. — Ja, ja.

Rainy. — Ass dat da Wirklechkêt oder drêmen ech?

Rosali. — Totz do, ma dann huol dech mat der Nuos da geseis
de datt et klôr Dag ass.

Rainy. — Wat eng Schan, Mamm.

Rosali. — Eng Schan, sés du, 't ass fir ze lâchen, derun dênken
ech emol net, ower wann sie en embriéchten, oder hannerzeg
de'ten opze'en, gèlt? ('t fänkt un ze haulen). Dann hätte
mer kê Papp me'.

Rainy. — Och Mamm, siéf dach weiss.

Rosali. — Wêss de wat? Elo gin ech hin, a wann se hien
aspèren da lôssen ech mech bei e spèren, an de Kascht
huolen ech matt.

Rainy. — Lôss dat Mamm, du mechs ons lächerlech.

Rosali. — Wat, lächerlech? Nên, du mechs ons onglécklech,
wèll der iech net verstitt ennerenên, de Franz dêt sech
secher e Lêd un.

Rainy. — Mamm!

Rosali. — Jo kuck, vleicht ass hie scho net me' durch dech an
dein Trotz, a wa mer nun de Papp och nach verle'eren
(hault). Wat dann (Of).

Rainy. — (Werft sech op d'Kne'en a schluxt). Mei Gott! Wént
menger an der Do't Franz! (Welt fort).

9. Zén.

René. — (Kent iwer d'Strôss a bleibt virum Rainy stôn an hält
et un). A wo'hin, Rainy?

Rainy. — (Ganz verste'ert). Lôss mech, ech well net me' liéwen.

René. — Ma Rainy, kènns de mech dann net me', de René.

Rainy. — René, du?

René. — Ja, ech sin et.

Rainy. — (Wirt en of). René lôss mech, ech sin onglécklech.

René. — Rainy, a wurfir.

Rainy. — René, lôss mech.

René. — Rainy, dann huot en dech dach op de Kne' gezwongen.

Rainy. — Stel, René.

René. — Do hätt ech alles ewe' dat net vun dir geduoht.

Rainy. — Ech hu mer bis hautt neischt virzwerfen.

René. — An dei Würt wats du mer gin?

Rainy. — Hun ech gehalen bis zum Abléck zu mengem Ongléck.

René. — Du bass onglécklech, Rainy?

Rainy. — (Schluxt).

René. — O kennt ech déch glécklech mâchen, ech me'ch et nach hautt.

Rainy. — Stel, René.

René. — De Franz ka kê Médche glécklech mâchen, o Rainy!

Rainy. — Stel René, kê Würt me' driwer.

René. — O kennt ech der helefen, Rainy.

Rainy. — Ge' Ge', René.

René. — Ech welt e wär net me'. O we' welt ech dech op den Hännen drôn.

Rainy. — Nên! Sein Do't wär och mein Do't. Meng Le'ft gehe'ert him ganz, e brauch nemmen ze kommen. (De'f traüereg).
Ma e ko'm nach net.

Lidd Nr. 15.

René. — Eso' eng Le'ft, dat ass zevill
Huot hien dann net eng Gretz Gefill.

Rainy. — En ass z'entschellege genuch,
Wèll an him stecht dé be'se Fluch.
Dén ons ente'ert mat dém Wo'n,
Mir wäre Slaven em sein Tro'n.

Zesummen. — Nên zesummen Hand an Hand
Jidderên a sengem Stand.

René. — Hie mam Plonner dén e bal erdréckt.

Rainy. — Sie de Bâm mam Schiéd dén hien erquéckt.

René. — Hie mam Kieler schwêsst am Sonnebrand.

Rainy. — Sie dé le'we, fresche, kille Wand.

Zesummen: Sie eleng ka gin dé Preis
Dén hie wensch fir all sei Fleiss.
All sei Fridden all sei Gléck,
Lénkt de' brav mat klugem Bléck:
Ja bi hir fent hin dat Hém
Dat hie wensch a sengen Drém.

(Iwer dem Lidd entwéckelt sech luos a luos e Wiéder, 't fänkt un ze donneren an ze himmelichten, zum Enn aus e schwe'ere Bletz an drop en Donner, 't geseit ên d'Leitt op d'Kîrch zo'lafen mat Gêsten voller Angscht.)

René. — (Fällt virun d'Rainy op e Kné', an der Oprégong geseit an he'ert en d'Wiéder net.) O wurfir muss eso' en Ondankbaren eso' en Engel hun, dén em gieren en Himmel op deser Wêlt de't verschafen, an dén dat Gléck nach mat Fe'sse ste'sst. Rainy! Wurfir kanns de mir net folegen, dén dech eso' gieren op den Hännen de't drôn?

Rainy. — (Firt zesummen enner Bletz an Donner.) Meî Gott. René, ge'!

René. — Gutt, wann et net ka sin?

Rainy. — Jo, 't ass meî lèscht Wuort. (Schle't d'Hänn virun d'Gesicht a schluxt.)

René. — Arvoir, Rainy. (Récht him d'Hand.)

Rainy. — (Mecht we' wann et neischt gese'ch.) Ge' René, arvoir.

René. — Schrècklech. Rainy, kuck nemme we' bloschwârz kent et iwer d'Bierger an du bass eleng, (Emmer Bletz an Donner.)

Rainy. — (Ziddert un alle Glidder.) Ge' René, ge'! (René gêt of.) Gottogott, eleng an dém firechterleche Wiéder mat all dém Lêd. Franz! Franz! Alles huot mech verlôss. (Bletz an Donner.) Schrècklech! (Le'sst sech op d'Kne'en. An der Kîrch sen d'Lûchten ugefâng. Den Harmonium spilt an d'Rainy séngt.)

Lidd Nr. 16. (Harmonium.)

Eng Stemm am Hîerz de' rifft mir emmer zo':
„We' gro'ss, we' sche'n sin d'Hîerzer am Verzeien,
D'Verurtelen o dat mecht keng Mensche fro'
Bedènk, huos du dann d'Sonn fir neischt ze scheien!

10. Zén.

Franz. — (Kent ganz versteert vun der Kîrch erfort op d'Haus zo', en he'ert nach dem Rainy sei lèschte Ruff „Franz“! Erschrèckt bleiwt e stôn a lauschtert wann et séngt. Hien äntwert.)

Franz. (séngt.)

Wié wir da wuol so' gro'ss, so' rèng an ècht,
So' weiss, an o'ni Féler ganz vollkommen.
Wann net! Da gitt a rîcht net ongerècht,
Huolt s'op an d'Hierz an hèscht de' Arm wellkommen.

Rainy a Franz: Duo.

An hirem Onrècht stécht scho Lèds genuch,
Bedauer, a verurtel net dén Armen.
A senger Dot stécht jo dé be'se Fluch,
O schènk him durfir schon e gro'sst Erbärmen.

Franz. — (Stèt versteert do a ganz verwonnert e sét.) Wâr et me'glech! Rainy! All Schlag vun dengem Hierz schle't fir mech an ech wosst et net. (E riffet.) Rainy! Raiuy!

Rainy. — (Erschrèckt, stûrkt op en.) Du! Franz!

Franz. — (Lêft op et dur a reisst et op.) Rainy! Mein Engel Verzei mer?

Rainy. — (An enger Angscht.) Franz! Gêlt du verle'ss mech net Bleif bei mer?

Franz. — (Frédeg.) A wo' kennt ech, Rainy. Du mein Engel, ech hun der jo alles ze verdanken. Grad wo' deî Widderstand am gre'ssten, huos de meî Lichtsenn gebrach, o'ni dech kennt ech jo net liéwen.

Rainy. — (Dréckt de Kap un seng Broscht a schluxt.)

Franz. — Grad du mat dengem stârken Hierz huos mer jo gewisen wat eng gutt Fra engem jonge Lichtsenn ka sin. Du huos deng Wirder wo'er gemâch. „Wat engem o'ni vill Me'h gerècht get, huot kê Wiert“, sôss de an du huos Rècht behalen.

Rainy. — Franz, ech kont net aneschter, ech hun dat Bèscht geménkt.

Franz. -- Du gutt le'w Se'lchen, an dir hun ech jo font wat ech gesicht. „Eng Fra wo' ech ka stolz op sin, de' trei a brav, a Fréd a Léd op menger Seit stèt, an de' net gescheit huot de Streit mam jonge Lichtsenn opzehuolen, bis de Sig deî wor. Deî Wellen huot gesicht mech glécklech ze mâchen. Net am Nogin. An zu mengem Gléck. (En dréckt et un sech a sie bleiwen eso' bis un d'Enn vum Co'er.)

Co'er. (Aus der Kîrch).

O Hêr, mir wellen hei um Kne' verspriëchen
Ste'ts weider neischt ze din ewe' ons Pflicht.
Keng E'er a keng Schân dêt d'Wûrt ons briëchen.
De' ons bege'nt wa mir dat Gudd gesicht.

(D'Wiêder le'sst no an 't get me' hêll an der Lûcht).

Rainy. — (An enger Angscht). O Franz, elo hât ech jo bal a mengem Gléck d'Ongléck vum Papp an der Mamm vergiëss.

Franz. — (Erschrêckt). Ass dann èppes geschitt, mein Engel?

Rainy. — Ma dènk nemmen, d'Police hout de Papp jo matgehol.

Franz. — Jé, jé! Du dèss ê lâchen. A wurfir dann?

Rainy. — Ma e soll jo agebrach sin an dém Rébo' sei Goldbuték.

Franz. — Ha ha ha ha! Deî Papp, jemmenechenauen! (Kuckt an d'Strôss). Ma hei kent jo dei Papp an deng Mamm friedlech zesummen d'Strôss erop, an nawèll Arm an Arm.

Rainy. — O Franz, wat wâr dat e Gléck.

II. Zén.

Lôr. — (Mam Rosali). Jé, jé, nun hal emol op mat dèr Sé, du tuddels mer de Kapp eso' voll dovun, datt et uowen erausstêt.

Rosali. — (Dat en am Arm huot, ste'sst en ewèg). Dann do, du Grantsâck. Hun ech dat nu verdengt fir meng Gutthêt. (D'Leit kommen aus der Kîrch a bleiwe stôn a lauschteren).

Rainy. — Da verziél ons och we' et go'ng, Papp.

Lôr. — Ma 't ass weider neischt derbei gewiescht, ewe' de Kluof, dén âlen Tuttefabrikant, wor agebrach, a fir d'Spur, de' en huot missen am melle Gardebuodem hannerlôssen fir hanneneran an d'Haus ze kommen, net op sech ze lènken, huot hié meng Pantoflen, de' jo ewèll d'ganzt Land kènnt, ugedoen.

Rosali. — De' sche'n Pantoflen de' ech dém Neischtert geschènkt.

Lôr. — Nu stel, a siéf fro' datt nun de Lompemann se huot. An do hu se mech jo misse lasslôssen, wèll de Kluof konnt an Enn net lêchnen datt et meng net me' woren an en huot den De'fstal och agestanen. A lôss mer nun dem Hèrgott danken datt et eso' gângen ass.

Rosali. — A mir dann, huos de mir neischt ze danken?

Lôr. — (Lâcht). Dach meî Bèscht. An denger Besurghêt fir mech hun ech gesin datt dein Hîerz iéwer nach gre'sser ass ewe' deng Gabber.

Rosali. — (Hält him de Mond zo'). Psst mein Alen. (Zum Franz.)
A we' ass et nu Franz, ass et dir dann och ewëll bësser.

Franz. — Jo, Mamm, onst gutt treit Rainy huot de Lîchtsenn
gebändegt kritt an zu mengem Gléck ze't Onro'h eraus. an
de Fridden an d'Hierz an.

All. — Bravo !

Rainy. — Gott sei Dank !

Schlussko'er.

Franz, Lôr, Rainy, Rosali :

We' onergrendlech si seng Piéd.
We' onverständlech dack seng Riéd.
Ma sche'n ass alles wat hié mecht,
So'gur vun Där hié Blumme brecht.

Co'er. — An durfir hu mir alles gieren,
Wat hié geschènt all Menschekand.
De Besch an d'Fèld, an d'Wässer, d'Stieren
An d'Menschen all am Hémechsländ.

Franz, Rainy :

So' lîng onro'eg Hierzer schloen
Voll Fei'r a Flam am Onverstand
Soll kê vun ons en d'Le'ft versoen
Mir se jo enger Eltre Kand.

Co'er. — Refrain vum Marsch „Onst Hémechsländ“.
Am le'we Letzeburgerland.

RIDO.

ENN.

